



vun de Missioun vum der IGSS. An do ass et eng grouss Diskussioun ginn, lassgetrëppelt vun de Sozialpartner un éischter Plaz, dat heescht der Salariatskummer, awer och der Chambre de Commerce, déi a Fro stellen a bedauern, datt d'Recolte, d'Produktioun an den Zougang, de reglementéierten Zougang zu Daten an Datenerhiewungen net méi an de Missioun vum der IGSS explizitt drasteet.

Doropshin hunn eng ganz Rëtsch Forschungsinstituter, wéi dat och gesot ginn ass, d'Alarmglacke gezunn. An elo kann ee soen, all déi Institutiounen, déi hätten da vläicht just privat oder eenzel individuell Interessen a si hätte keng wierklech Anung, mä et muss een awer feststellen, datt och de Statsrot genee dat doten och nach eng kéier bestätegt a bedauert huet.

Doropshin hate mir als Lénk an der zoustänneger Kommissioun en Amendement eraginn, dee genau dat heite sollt explicitéieren, fir ebe justement de reglementéierten Zougang zu den Daten och fir Organisatiounen wéi d'Caritas, wéi d'Salariatskummer, wéi awer och d'Beruffskummeren insgesamt dranzesetzen. En ass leider mat de Stëmmen vum der Majoritéit ofgeleent ginn. D'CSV hat deen Amendement awer och an der Kommissioun mat votéiert.

Voilà, dat sinn elo dës dräi Haaptgrënn, firwat mir mengen, datt dee Projet guer net esou fortschrëttlech an esou gutt ass, wéi een dat kéint mengen, an datt sech dacks an der Technizitéit vun Dokumenter awer och ganz grouss Gefore kënnen verbiergen, déi verschidde politesch Choix kënnen antizipéieren. Duerfir stëmme mir de Projet net mat.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Baum. Ech hunn elo kee Riedner méi ageschriwwen. Dann hunn ech elo d'Eier an de Pleséier, fir dem Här Sécurité-sociales-Minister Romain Schneider d'Wuert ze ginn. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Romain Schneider**, *Ministre de la Sécurité sociale*.- Merci, Madamm Presidentin, fir d'Wuert a fir och kënnen engersäits fir d'Éischt emol dem Rapporteur an där ganzer Kommissioun Merci ze soe fir déi Aarbecht, déi do geleescht gouf. Dat war keen einfache Projet. Mir hunn eis ganz vill domadder befaasst. Mir hunn och am Ganzen dräi Avice vum Statsrot gehat, fir effektiv dëse Projet ofzeschleissen an herno de Rapport an der Kommissioun och ze stëmmen. Merci och lech fir Äre mëndleche Rapport, deen explizitt an exzellent war wéi ëmmer.

Ech géif dann op e puer Punkten agoen, fir vläicht och e puer Äntwerten hei ze ginn. Engersäits, mengen ech, muss een emol festhalen, datt dëse Projet e Projet ass, wou et ëm d'Konzept vun der gudder Gouvernance vun den Institutiounen vum der Sécurité sociale geet. Et geet net ëm d'Gouvernance wat d'IGSS betrëfft, wat hei ganz dacks mentionéiert gëtt. Datt hannendrun nach adaptéiert Missiounen kommen, dat ass richteg, mä et ass virun allem d'Ausrichtung: Wéi ass d'Gestioun vun deenen eenzelnen Institutiounen vum der Sécurité sociale?

An et geet hei och net drëm, fir op där enger Säit Prestatiounen vum der Sécurité sociale ze modifizéieren respektiv fir e Finanzement ze änneren. Et geet ganz einfach drëm, fir eng propper, eng besser, eng moderniséiert Gestioun vun den eenzelnen Institutiounen vum der Sécurité sociale ze kréien, dat op enger Rei Punkten, déi hei ugeschwat goufen: engersäits, datt ee sech vu vireran e Plan pluriannuel gëtt, datt een eng genau Ausrichtung huet, déi nach ëmmer vum Conseil d'administration festgesat gëtt, an datt dann ënnendréiner vun engem Direkter respektiv engem President déi deeglech Gestioun gemaach gëtt.

Dat ass den Ënnerscheid dran, dat stëmmt. Mä dat ass awer kloer och esou, wéi mir, mengen ech, un dëse Problem wollten erugeen a wéi eng kloer Gouvernance an eng kloer Planifikatioun vun den Aktiounen kënnen lafen.

Déi zwee Punkten, déi fir mech awer och wichteg sinn - an deenen éischten, deenen den Här Meyers zitéiert huet: Et war dat effektiv e ganz interessante Punkt, deen hei mentionéiert gouf an deenen de Statsrot virun allem um Beispill vun der Assurance accident eng kéier duerchgespillt huet, wou souguer eng aner Chamberskommissioun sech dermat befaasst huet, fir och do en Avis ze maachen.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

An ech war herno frou, wéi de Statsrot am drëtten Avis effektiv nach eng kéier kloer Posi-

tioun bezunn huet, wou - an do hutt Der recht! - ee kann d'Léieren draus zéien, fir och an Zukunft all déi Texter an deem dote Sënn ze analyséieren an ze kucken. Ech mengen, de Statsrot huet hei ganz kloer vun „principes essentiels“ geschwat, „principes essentiels“, déi am Gesetz musse geregelt ginn, an doniewent awer och „points moins essentiels“, déi kënnen dernieft an de Statute geregelt ginn.

Ech mengen, et ass elo kloer. A fir déi nächst Texter, mengen ech, ass et och evident, datt et esou muss d'Lectione dovunner sinn, wann d'Avant-projet-de-loien opgestallt ginn, déi dann an d'Kommissiounen kommen. Ech mengen, dat heite war eng kéier e gudden Exercice, deen am Kader vum der Sécurité sociale gemaach gouf, fir hei eng kéier kloer ze sinn.

Wat den zweete Volet ass, deen ugeschwat gouf, dee vun den Donnéeën respektiv de Statistiken, déi net méi zur Verfügung wiere säitens der IGSS, déi dëse Projet virun allem géif blockéieren oder géif erschwéieren, do verweisen ech drop, datt am Februar 2018 d'IGSS hire Système d'accès informatique, déi sougenannt „Luxembourg Microdata Platform on Labour and Social Protection“ kreéiert huet, eng Plattform, déi genau do ass, fir eben den Experten aus der Matière vum der Aarbecht an der Sécurité sociale, fir Rechercheprojeten ze maachen.

Hei fënnt een op där Plattform engersäits: Wéi kréie mer e facilitéierten Accès op déi eenzel individuell Donnéeën, déi natierlech pseudonymiséiert sinn - dat ass ganz kloer -, fir virun allem och dës Donnéeën dann ze notzen, fir administrativ ze gebrauchen an hei ebe Recherche ze maachen an de Beräicher Marché de travail, an de Beräicher Protection sociale? Op där anerer Säit ass awer och ze garantéieren, datt de Respekt vun der Vie privée vun de Leit do ass, an dat virun allem en conformité zum Reglement iwwert d'Protection des données.

Ech mengen, dat heiten ass kloer. Den Zougang ass nach ëmmer do. Et ass ee ganze Prozess vu Prozeduren, deen och opgebaut ass, wéi een dorunner ka kommen. An een éischte Pilotprojet leeft an dësem Beräich, zesummen an enker Kollaboratioun mam LISER ass een ugefaange ginn. An ech mengen, et sinn nach anerer do, wou Demanden do sinn, fir och kënnen validéiert ze gi säitens der IGSS, soudatt mer gesinn, datt also net, wéi virdrun ugedeit, keng Statistike méi kënnen gemaach ginn, mä et ass ganz kloer geregelt, wéi se kënnen gemaach ginn. An ech mengen, jiddwereen, dee se brauch fir déi Zwecker vu Recherche an deenen do zwee Beräicher, huet an Zukunft och Accès dorobber.

Voilà, an deem Sënn, mengen ech, géif ech Merci soe fir d'Interventiounen. Ech géif och Merci soe fir d'Aarbecht an der Kommissioun an ech géif och Merci soen de Fraktiounen, déi e grouse Sukkurs zu dësem Gesetzestext gemaach hunn, deen eis virubrénge an enger nach besserer Gouvernance vun deenen eenzelnen Institutiounen vum der Sécurité sociale.

Merci!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An ech mengen, da si mer prett, fir iwwert de Projet de loi 7004 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7004 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

59 Participatiounen um Vott: 57-mol Jo, 2-mol Nee. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdinger, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, fir d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet de loi 6810 fir eng transparent an oppe Verwaltung. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madamm Simone Beissel.

5. 6810 - Projet de loi relative à une administration transparente et ouverte

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

► **Mme Simone Beissel** (DP), *rapportrice*.- Merci, Här President. Kolleeinnen a Kolleegen, typesch Charakteristike vun enger Demokratie si fräi Wahlen, Gewaltentrennung, de Rechtsstat, de Schutz vun de Mënscherechter, d'Mee-nungs- an d'Pressefräiheet.

D'Transparenz vun den ëffentleche Verwaltung- ass eng modern, aktuell an héich demokratesch Komponent vun dëse Charakteristiken. De Bierger a potenzielle Wieler ka sech vill besser eng fräi Meenung maachen, e ka sech vill besser fräi entscheeden, wann en en Abléck an d'Aarbechten, an de Fonctionnement vun dem Stat oder de Gemenge kritt.

Här President, mir konkretiséieren haut e remarkabele Paradigmewissel. Tëschent 1790 an 1990 war an all den occidentale Verwaltungen d'Règle d'or de Secret, dat heescht d'Geheimhaltung. D'Bierger waren Administréierten, Gouvernéen, si si verwalt ginn. Et ass eréischt vun 1990 un, wou wierklech eng Ännerung komm ass, dat opgrond - an d'Fransouse waren derfir, dat wësst Der - vun der Procédure administrative non contentieuse, wou d'Leit fir d'Éischt Accès zu hirem eegenen Dossier kritt hunn. An dunn ass lues a lues d'Fuerderung no méi Transparenz an och méi participativer Demokratie an den Discours vun all de politesche Parteien, notament am Westen, gefloss.

Wéi ass et haut? De Bierger soll d'Recht hunn ze kontrolléieren, ob d'Prinzipie vun der Gewaltentrennung oder dem Rechtsstat agehale ginn.

Kann de kritesche Bierger zu 100% sécher sinn, dass keng Mënscherechtsverstéiss stattfannen, wann d'Verwaltungen Dokumenter dauernd ënner Verschluss halen? Wéi kann d'Press optimal hir Aarbecht maachen, wann den Zougang zu wichtige verwaltungstechneschen oder och esouguer politeschen Informatiounen hir ze laang oder deelweis verweigert gëtt? A wéi soll de mündegen a kritesche Bierger sech kënnen eng fräi Meenung maachen zu allem, wat e wëllt decidéieren?

Här President, de Projet de loi 6810 brénge hei Ouverture an deem ganze Secteur. Mir schafen hei e legale Kader fir eng transparent an oppe Verwaltung zu Lëtzebuerg.

Ze behaupten, virun dësem Text wäere mer an engem Stat hei, wou wéineg oder iwwerhaupt keng Transparenz wär, wär schlichtweg falsch. Dir wësst, dass Lëtzebuerg ee vun de Staten ass, wou d'demokratesch Valeure säit ganz, ganz laanger Zäit héichgehale ginn. An ech woen ze behaupten, dass dësen Dag e gudden Dag ass fir d'Demokratie, well mer mat dësem Projet de loi dës demokratesch Valeuren nach eng kéier ganz ferm ervirhiewen a se och nach stäerken.

Här President, d'Beméiungen, fir d'ëffentlech Verwaltungen méi transparent ze maachen, sinn awer elo net vun haut. Et geet schonn zrëck op den 20. Juni 2000, wéi eise Kolleeg Deputéierten Alex Bodry eng Proposition de loi eraginn huet, an dës Proposition de loi hu mer mat sengem Accord an dëse Projet de loi integréiert.

De 5. Mee 2013 (veuillez lire: 5. Februar 2013) huet déi viregt Regierung e Projet de loi eraginn, wou den Accès zu spezifesch administrativen Dokumenter sollt garantéiert ginn. Déi haiteg Regierung huet awer fonnt, dee Projet géif net wäit genuch goen, e wär ze vill restriktiv. Doropshin ass dunn de 5. Mee 2015 e méi ambitionéierte Projet deposéiert ginn - dat ass deen, iwwert dee mer haut schwätzen - an deen huet als Label, deen huet als Marken-zeechen, an dat ass eng grouss Neierung, dass et elo un der Verwaltung selwer ass. Si muss d'Initiativ huelen, fir d'Dokumenter selwer ze verëffentlechen, a sech och ëm d'Kommunikatioun këmmen. Dat ass also do e grouss Changelement.

Här President, mir wëssen allegueren, dass d'Vertrauen an d'Politik an d'Verwaltungen am Kader vum Geheimdéngschtskandal gelidden huet. Munchereen hat d'Gefill, dass bestëmmt politesch a Verwaltungsresponsabel esou Manövere gemaach hunn, fir bestëmmten Informatiounen ze verstopen. Dofir ass och ee vun den Haaptobjektiver vum Projet de loi 6810, dass mer elo solle versichen, dass d'Vetraue vun de Bierger an d'Politik an an d'Verwaltungen erëm wisst, bis et erëm eng kéier ganz ass, an dass an Zukunft d'Transparenz an d'Oppenheet sollen d'Regel sinn.

Elo kommen ech zum Inhalt. An ech wëll dat e wéineg a Froestellung maachen, fir lech et méi kloerzemaachen, well et ass e ganz komplizéierten Text. Fir d'Éischt, den éischte Punkt: Fir wie spillt den Droit d'accès? Do huet generell all physisch Persoun an all moralesch Persoun - Dir kennt d'Definitiounen dovun - also dat Recht.

Dat Zweet ass: Wie muss Accès ginn an op wat? Beträff sinn all administrativ Dokumenter vu staatlechen an deelweis och net staatleche Verwaltungen. Zum Beispill all Verwaltung, all d'Servicer vum Stat, d'Gemengen an hir Syndikater, d'Personnes morales, déi e Service public leeschten, d'Chamber, de Statsrot, den Ombudsmann, d'Cour des comptes, souguer d'Chambres professionnelles musse liwweren, ëmmer de Fall gesat, dass d'Dokumenter eng administrativ Aktivitéit betreffen. Zum Beispill Dokumenter, déi d'Gestioun vun enger industrieller oder kommerzieller Aktivitéit, och vun engem Établissement public, betreffen, sinn net accessibel.

Duerch de Fait, dass et e sensibele Secteur ass, hu mer awer eng ganz Serie vun Exceptionen. Dat sinn Exceptionen, déi ebe soen, wéini administrativ Dokumenter net dierfe verëffentlecht ginn. Wat sinn dat fir Dokumenter? Dat sinn Dokumenter, déi d'perséinlech Fräiheeten oder eventuell d'ëffentlech Rechter kënnen gewäreeschten.

Mir hunn am Text - a mir hunn dat vum Conseil de l'Europe iwwerholl, mir hunn hei d'Rad net nei erfonnt - zéng Kategoriën vun Exceptionen. Ech ginn lech der elo just e puer als Beispill, déi Der kennt a wou et och all Mënsch alicht, dass déi net einfach kënnen direkt op de Schiirm gesat ginn:

Als Éischt hu mer Dokumenter, déi d'aussepolitisch Relatiounen, d'Sécherheet an d'ëffentlech Uerdnung vum Land betreffen, zweetens, déi d'Sécherheet vu Persounen an hir Privatsphäre concernéieren, drëtten Dokumenter iwwert d'Prozeduren um Geriicht oder an Disziplinarverfahren, véiertens Dokumenter iwwert d'Präventioun, d'Recherche an d'Verfolgung vu Strofdoten, fënneftens Dokumenter, déi d'Droits de propriété intellectuelle betreffen. An dann zum Schluss als Zéngt - an ech géif lech bieten, déi aner a mengem schrëftleche Rapport ze liesen - sinn do zum Beispill d'confidentiel Deliberatiounen vun der Regierung.

Wichtig ass, dass dës Exceptionen ëmmer musse ganz genau begrënnt ginn, motivéiert ginn an dass se ganz restriktiv applizéiert ginn. Well mir dierfen net vergiessen, dass d'Regel vun dësem neie Projet de loi jo soll sinn, dass d'Publikatioun wierklech d'Regel ass an d'Exceptionen musse streng gehandelt ginn.

Mir hunn awer nach aner Exceptionen, déi och wichteg sinn. Wann Dokumenter Informatiounen vu Privatpersounen betreffen, da kënnen déi Dokumenter nëmmen de concernéierte Persounen ausgelievert ginn. Wann an engem Dokument Meenunge sinn, déi confidentiel un eng Verwaltung gelievert ginn, kënnen déi Dokumenter nëmmen erausgoe mam Accord vun där betroffener Persoun.

Et gëtt och eng Serie Refusen. An ech mengen, déi lichten eis och allegueren an. E Refus kann ausgesprach ginn, wann en Dokument nach net fäerdig ass, wann et scho publizéiert gouf oder soll kommerzialiséiert ginn, an och wann eng Demande abusiv ass.

Wéini ass eng Demande abusiv? Wann eng Demande erakënn, fir eng risegrouss Zuel vun Dokumenter ze kréien, wann déiselwecht Demande schonn x-mol gestallt ginn ass, fir déiselwecht Dokumenter ze kréien, oder wann eng Demande kënnt, déi d'intern Kommunikatioun betrëfft, da kënnt e Refus.

Komme mer awer elo zum Accès, zu der positiver Säit. Et gëtt zwou Zorte vun Accésen. Déi viséiert Organismen, déi ech lech opgezielt hunn, déi am Artikel 1 stinn, musse vu sech aus - an dat ass eben déi grouss Neiegekeet, hunn ech lech gesot - all Dokument online publizéieren, wat net ënner eng vun den Exceptionen fält. Mat deem System gëtt och de Service information et presse, dee mer jo scho laang hei zu Lëtzebuerg hunn, generaliséiert, de Service information et presse, dee jo d'Aarbecht vun der Regierung dem Public méi nobrénge.



Déi zweet Zort vun Demandé kann all Bierger un d'Verwaltungsstellen, an dat ass och eppes Wichteges, well dat ass an eisem System net onbedéngt normal: Et muss een absolutt kee Motiv ugin, fir en Dokument unzufroen. Et ass also d'frai Demandé, dat geet duer, fir en Dokument unzufroen.

Elo zu der Kommunikatioun, dat ass jo den zweete Schrëtt no der Publikatioun. Wéi geet dat mat der Prozedur? Eng Demande muss schréfflech un d'Verwaltungsgericht ginn. An eng vun de Konditiounen ass, dass d'Verwaltung och weess, ëm wat et geet. Déi Demande, déi muss präzis sinn. Ass déi Demande ze vill generell formuléiert, da muss d'Verwaltung dem Auteur vun der Demande soen: „Hei wann ech gelift, liwwert eis nach déi néideg Präzisounen, soss kënnen mer lech net hëllefen.“ A fir de Bierger entgéintzekommen, ass och festgehalen ginn, dass alleguerten d'Verwaltungscho Formulaires types ausschaffen, wou d'Leit da méi schnell wëssen, wéi se hir Demandé kënnen formuléieren.

Dann eppes ganz Wichteges zu den Delaien: D'Regel ass elo esou, dass d'Verwaltung soll esou schnell wéi méiglech - mir hunn dat elo formuléiert, Dir kennt dat aus den anere juristeschen Texter: „dans les meilleurs délais“ - op d'Demande äntweren an d'Dokument, hir Äntwert a Form vun entweder enger Pabeierkopie oder awer iwwert den elektronische Wee un den Demandeur iwwerliwweren.

Et ass och eng Méiglechkeet, d'Consultatioun op der Plaz ze maachen, wann et zum Beispill en Dokument ass, wat extrem voluminös ass. Eng aner Hypothese ass, wann et Dokumenter sinn, déi schon am Nationalarchiv sinn, dann ass et jo och méiglech, fir dee Moment d'Consultatioun sur place ze maachen, ouni dass muss alles erausgoen.

Dat Wichtegst awer ass, an ech kommen nach eng Käier dorop zrëck, well mir hunn an der Kommissioun no villen Diskussiounen an och nodeem d'Press eis intensiv dorëm gebieden huet, wierklech d'Delaie verkierzt: De Moment steet am Text „dans les meilleurs délais“, also esou schnell wéi méiglech, awer spéitstens an engem Mount.

Wéi gesot, mir wollten der Press do entgéintkommen, well am initialen Text stoung just einfach den Delai vun engem Mount. A mir hunn dat eben elo esou gemaach, dass mer de Belang vun der Press Rechnung droen, well si brauche ganz oft Dokumenter, wou et wichtig ass, dass si se schnell kréien, well soss huet et net méi vill Wäert.

Hei gëtt et zwar och Exceptiounen bei der Kommunikatioun, dat ass: D'Delaie kënnen ëm ee Mount verlängert ginn, wann déi betraffe Verwaltung, déi soll liwweren, duerch de Volume oder d'Komplexitéit vun den Dokumenter, déi d'Demande betrëfft, nach zousätzlech Zäit brauch, wa se sech zum Beispill muss un eng aner Verwaltung wenden, fir nach zousätzlech Informatiounen ze kréien, oder wann et ëm Dokumenter geet, déi schon am Nationalarchiv leien. Oder, wat awer och ganz wichtig ass, wann déi Dokumenter perséinlech Informatiounen iwwer Persounen beinhalten, dann ass d'Verwaltung verpflichtet - an ech mengen, Dir wësst, dass mer elo och nach amgaange sinn, ganz streng Gesetzer ze maachen iwwert d'Protection des données opgrond vun dem europäesche Reglement -, an deenen Dokumenter, ier se erausginn, déi perséinlech Donnéeën müssen ze occultéieren oder ze disjonctéieren.

Dat ass elo e bësselche komplizéiert, mä dat heescht einfach, déi Saache müssen onkenntlech gemaach ginn, dass deen, dee se dobausse kritt, net direkt eppes weess. Dir wësst, dat gëtt och bei Uerteeler gemaach an esou weider. Dat ass eng Saach vun der Diskretioun vun deenen Dokumenter.

All Verwaltung, an dat ass awer elo nëmmen en Detail, muss an Zukunft ee Beamten nennen, deen nëmmen zoustänneg ass oder deen och zoustänneg ass fir d'Veréffentlechung an d'Kommunikatioun vun all den Dokumenter, fir dass och garantiéiert ass, dass dat ka schnell traitéiert ginn.

Wichtig ass och, dass mer hei an deem Text eng nei Kommissioun schafen. Déi heescht „Commission d'accès aux documents“. Déi ënnersteet dem Statsminister an ass besat mat fënnef Memberen. Den éischte Member ass e Magistrat, dee kritt d'Presidence. An déi aner si respektiv Membere vum Statsministère, vum Syvicol, vun der Commission nationale pour la protection des données a vum SIP, ech mengen, e lauter Leit, déi d'Matiären do kennen an déi och kënnen gutt Aarbecht leeschten.

Wat ass d'Aufgab vun där Kommissioun? Primo, d'Verwaltungen ze beroden, mä haaptsächlech ass se geruff, fir eben d'Avisen zu de refuséierten Dokumenter ze schreiwen. Wann d'Kommissioun seet, dass en Dokument

communicabel ass - an d'Kommissioun muss an zwee Méint spéitstens dem Demandeur äntweren -, dann huet déi betraffe Verwaltung nach ee Mount, fir hir Meenung ze revidéieren. Follegt se der Kommissioun net, huet de betraffene Bierger d'Méiglechkeet, fir e Recours en réformation virum Tribunal administratif ze maachen.

De Bierger huet och d'Méiglechkeet, fir dese Recours en réformation ze maachen, wann d'Dokument refuséiert gëtt, wéi gesot, vun Ufank un an och vun der Kommissioun. Et sinn also zwou Hypothesen, wou de Recours en réformation virum Tribunal administratif ka gemaach ginn.

Här President, mir kruten am Kader vun deem Projet, deen extrem komplizéiert ass - mir hu ganz laang dru geschafft - eng ganz grouss Serie vun Avisen era vun engem ganze Koup Organismen an Institutiounen. Mir hu versicht, deenen esou gutt wéi méiglech Rechnung ze droen. Ech verweise fir den Detail op mäi schréffleche Rapport an op déi voluminös Documents parlementaires, déi dese Projet entouéieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir hutt héieren, dass mer, obwuel mer grouss Efforte gemaach hunn, awer kritiséiert gi sinn, notament well ëmmer gesot gëtt, och dese Projet wär net éiergäizeg genuch, wat d'Delaie géif ugoen. Bon, Dir wësst, haaptsächlech vun der Sait vun der Press ass gesot ginn: „Et geet nach net duer, mir kommen nach net schnell genuch un d'Dokument, notament wa géif en Dokument refuséiert ginn oder et si Problemer, fir et erauszukréien.“ Mir hunn alles gemaach, mir hunn déi Delaie verkierzt, fir awer der Press entgéintzekommen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir liewen an engem Land, wou d'Gläichheet virum Gesetz ee vun de Grondpeilern vum Rechtsstat ass, deen an der Verfassung verankert ass. Et wär also - a mir haten doriwwer Diskussiounen, mä mir waren eis eens - méi wéi problematesch gewiescht, wa mer elo duerch dese Projet de loi zwou Kategorië vu Bierger geschaaft hätten, eng Käier d'Kategorie, déi heescht „Journalisten“, an déi zweet Kategorie mat all deenen aneren. Dat hätte mer net kënnen veräntweren, well ech mengen, Dir verstitt firwat, weinst der Gläichheet virum Gesetz: Mir kënnen dat net maachen!

Dofir nach eng Käier, mir hu wierklech Efforte gemaach, fir déi Delaien esou kuerz wéi méiglech ze maachen, fir der Press entgéintzekommen. An ech hoffen, dass se mat deem Text awer Satisfaktioun kréien, dass se awer kënnen domat schaffen an dass mer hinne konnten entgéintkommen, fir dass se hir Aarbecht kënnen gutt maachen.

Ier ech elo hei den Accord vun der DP-Fraktioun bréngen, wëll ech awer nach eng Serie Mercie lassginn, well dese Projet war wierklech eng grouss Teamarbeit. Fir d'Éischt emol Merci dem Jeff Fettes an dem Tania Braas vum dem Statsministère. Merci der Madamm Secrétaire-greffière Francine Cocard, déi wierklech extrem mat mir un den Texter geschafft huet, fir alles an d'Rei ze kréien. Merci dem Jeff Feller vun der DP-Fraktioun. An dann en hærzleche Merci un alleguerten d'Membere vun der Kommissioun fir déi exzellent Atmosphär, déi mer haten, fir déi konstruktiv Aarbecht. Mir hate vill Diskussiounen, vill Hin an Hier, mä ech mengen, mir hunn elo alleguerten zesummen en Text fäerdigbruecht, deen d'Strooss hält. An dofir soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a Merci en général.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Rapportrice. An éischt Riederin ass d'Madamm Diane ADEHM.

Discussion générale

► **Mme Diane ADEHM (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an enger Demokratie, wéi mer se och hei zu Lëtzebuerg hunn, geet all Muecht vum Vollek, also vun de Leit aus, vu soss kengem a scho guer net vun enger staatlecher Verwaltung, déi just e Kader dierf sinn, an deem d'Leit méiglechst frai liewe kënnen.

Mir sinn als CSV fir eng oppen, eng frai an eng gerecht Gesellschaft. Dorausser ergëtt sech, dass och fir eis de Stat a seng Verwaltungen mussen oppen, frai a gerecht sinn. Nëmme esou kann de Stat de Leit déngen an net ëmgedréit. Well duerfir ass de Stat leschten Enns do: fir de Leit hiert Liewe méi einfach ze maachen an net méi schwéier ze maachen, an dat méiglechst subsidiaresch, also just dann, wann et och wierklech gebraucht gëtt.

A wann ech vun enger oppener Gesellschaft an oppenem Stat schwätzen, da sinn ech och scho ganz no bei eisem Gesetzesprojet vun haut, dee jo eng transparent an oppen Administratioun ustriift. Dëst ass vum Prinzip hier gutt. A

fir direkt virzepräien: Trotz Kritik am Detail wäerte mir als CSV-Fraktioun dëst Gesetz matstëmmen, well et ënnert dem Stréch dem Bierger méi bréngt, wéi et Problemer opwerft.

Dass dëst Gesetz wäert esou munch juristesche Problemer opwerfen, dat wäerte mer an Zukunft gesinn. Well eis Gerichter wäerte sech méi wéi sécher nach vill mussen mat deem Text auserueesetzen. Dacks ginn nämlech méi Froen opgeworf wéi beäntwert, an dat ass net gutt fir e Gesetz, well am Fong soll jo all Gesetz d'Liewe vun de Leit an eiser Gesellschaft vereinfachen an iwwerregens och d'Liewe vun eiser Justiz. Ob dat hei wierklech de Fall wäert sinn, bleift nach ze kucken.

Mä Här President, et gëtt nach méi eng fundamental Reserv, déi ech och haut hei wëll uschwätzen. Wéi gesot, eng oppen an transparent Administratioun ass gutt, mä oppen an transparent dierf net „gliesen“ heeschen, aus engem ganz einfache Grond: Well mir als CSV de glesene Bierger net wëllen! Dat huet mat eisem Mënschebild ze dinn, mä et huet och praktesch Ursachen. Well eppes, wat aus Glas ass, kann och séier zerbréchen. A wann de Stat, awer och d'Gesellschaft an d'Effentlechkeet eppes net dierfen, dann ass et, d'Leit ze zerbréchen. Duerfir am Resumé: Transparenz jo, awer ouni glesene Röntgenapparat. IRME brauche mer op anere Plazen - an eise Spideeler - an net wann et drëms geet, fir de Bierger administrativ ze duerchlichten.

Dëst gesot, Här President, wëll ech bei den Text zrëckkommen, esou wéi en eis haut hei virläit. Dësen Text ass zwar kuerz, mä en huet et awer definitiv a sech. Mat dem Gesetz, wat mir haut stëmme wäerten, mussen sämtlech effentlech Verwaltungen, Servicer, Etablissements publics ënnert der Tutelle vum Stat oder ënnert der Iwwerwaachung vun de Gemengen all d'Dokument, déi sech op eng administrativ Tätigkeet bezéien, effentlech zougänglech maachen. Dëst trëfft och zou fir moralesche Persounen, déi effentlech Servicer ubidden.

Weider mussen och d'Chamber, de Statsrot, de Mediateur, de Rechnungshaff an d'Berufskummeren déi Dokumenter effentlech zougänglech maachen, déi sech op eng administrativ Tätigkeet bezéien. A wann dat elo einfach kléngt a manche Bierger vläicht mengt, hie kéint elo all d'Dokumenter um Internet consultéieren, ass et awer net esou einfach.

Mir hunn eis an der zoustänneger Chamberskommissioun vill mam Text auserueesat an ech wëlt der Rapportrice, der Madamm Simone BEISSEL, e grouse Merci soe fir hir Aarbecht souwuel an der Kommissioun wéi och als Rapportrice.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Diane ADEHM (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir Lëtzebuurger sinn nun eemol, wéi mer sinn. An zu dëser Mentalitéit gehéiert och, dass mir net alles op der Place publique wëlle breettrëppelen. Dat heescht beileiwen net, dass mir wëlle Saachen ënnert dee berühmten Teppech kieren. Nee, mir Lëtzebuurger sinn einfach éischter diskret Mënschen, déi emseg am stillen Kämmerlein schaffen.

Dat maachen och eis Verwaltungen. Si schaffe vill an diskret a meeschtens och zilféierend a gutt. Duerfir wëll ech hinne vun dëser Plaz aus och emol Merci soen. Well dat maache mir eigentlech net genuch hei am Land: Merci soen. An an Zukunft wäerte mer eise Verwaltungen nach vill méi oft mussen Merci soen. Well wann dese Gesetzesprojet bis a Kraaft trëtt, da muss jiddereen, deen effentlech Servicer ubitt, sämtlech Dokumenter iwwer administrativ Tätigkeete verëffentlechen. An dat risquéiert, vill ze ginn. An dat risquéiert och, den administrative Prozess net onbedéngt ze beschleunegen, fir et emol diplomatesch ze soen.

Trotzdem begrëisse mir als CSV natierlech, dass de Bierger zousätzlech Rechter kritt, fir eng ganz Rëtsch Dokumenter kënnen an Zukunft ze kucken. Well wéi gesot, de Stat ass fir de Bierger do an net ëmgedréit. Net ëmsoss hat jo schonns de fréiere Statsminister Jean-Claude JUNCKER 2013 e Gesetzesprojet an dës Richtung virgeluecht. Et war den „Projet de loi relative à l'accès des citoyens aux documents détenus par l'administration“.

Déi jëtzege Regierung huet dese Gesetzesprojet dunn zrëckgezu mat der Begrënnung, e wier vill ze „restriktiv“. Iwwert de Gebrauch vun deem Adjektiv kann ee sécherlech gedeelter Meenung sinn. Kommt, mir kucken eis duerfir emol einfach d'Fakten un! Wou sinn dann elo déi grouss Ënnerscheeder tëschent dem „Gesetzesprojet Juncker“, fir en dann emol esou ze nennen, an dem Text, iwwert dee mir haut ofstëmme wäerten?

Éischstens, de Gesetzesprojet Juncker hat explizitt ausgeschloss, dass d'Chamber, de Statsrot, de Mediateur an de Rechnungshaff géifen ënnert dëst Gesetz falen. D'Begrënnung war, dass

dës Institutioun missten onofhängeg vum exekutive Pouvoir, also der Regierung mat all hire Verwaltungen a Servicer bleiwen. D'Dier gouf awer opgelooss an deem Sënn, dass si vu sech aus Dokumenter effentlech maache kéinten an hir eege Politik an dësem Beräich maache kéinten. Vun de moralesche Persounen, déi effentlech Servicer ubidden, gëtt net am Gesetzesprojet Juncker geschwat.

Am definitiven Text, dee mir haut stëmme wäerten, stinn och d'Berufskummeren dran, dëst nodeems de Statsrot d'Chamber drop higewisen hat, dass déi feele géifen. Dëst ass also e Punkt, an deem de Gesetzesprojet Juncker effektiv méi „restriktiv“ war.

Zweetens, de Gesetzesprojet Juncker huet virgesinn, dass d'Dokumenter missten ënner enger Form verëffentlecht ginn, dass d'Leit en einfachen a fraien Zougang zu den Dokumenter hunn. Dëst sollt wa méiglech iwwert déi nei Informatiouns- a Kommunikationtechnologie geschéien.

Den Text vun der jëtzege Majoritéit gesäit just déi nei Informatiouns- a Kommunikationtechnologie vir, fir d'Dokumenter ze verëffentlechen.

Drëttens, den Text vun haut gesäit d'Schaf vum enger „Commission d'accès aux documents“ vir. D'Leit kënnen sech un dës Kommissioun wenden am Fall vun engem Refus fir Dokumenter ze konsultéieren. Wann ee mam Avis vun dëser Kommissioun net averstanen ass, kann ee virun d'Verwaltungsgericht goen. De Gesetzesprojet Juncker hat dës Kommissioun net virgesinn, mä huet just e Recours virum Verwaltungsgericht virgesinn.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Véiertens, den Text vun dëser Majoritéit gesäit vir, dass d'Veréffentlichungslicht vun de Verwaltungen an all de Concernéierte sech just op déi Dokumenter applizéiert, déi nom Akraafttriede vun deem Gesetz geschaaft ginn. Also déi Dokumenter, déi et bis elo an allen effentleche Verwaltungen, Servicer, Gemengen an esou weider gëtt, mussen mat deem Text net verëffentlecht ginn.

Dëst ass an eisen Aen e wesentlechen Ënnerschied tëschent den zwee Texter. De Gesetzesprojet Juncker hat dëst nämlech net virgesinn. Laut dem Gesetzesprojet Juncker hätte misse all d'Dokumenter iwwer administrativ Tätigkeete verëffentlecht ginn. Dëst geet a senger, ech nennen dat emol „positiver Transparenz“ vill méi wäit wéi de Gesetzesprojet vun der jëtzege Majoritéit.

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, et ass lech an nach méi de Leit am Land iwwerlooss, ze jugéieren, wéi een Text dann elo „restriktiv“ ass.

Fënneftens, wat d'Lëscht mat den Ausnamen vun Dokumenter, déi net verëffentlecht ginn, ugeet, esou ass d'Opzielung an deenen zwee Texter méi oder weëneger déiselwecht. Et ass nämlech d'Lëscht mat den Ausnamen, déi an der „Convention du Conseil de l'Europe sur l'accès aux documents publics“ aus dem Joer 2009 virgesinn ass.

Sechstens, wat d'Form vun der Demande, fir Dokumenter ze kréien, ugeet, esou muss déi an deenen zwee Texter schréfflech a präzis sinn. D'Dokumenter ginn entweder ënner Pabeierform zougestallt, elektronesch verschéckt oder si kënnen op der Plaz gekuckt ginn. Den Delai, fir d'Dokumenter zur Verfügung ze stellen, ass och an deenen zwee Texter maximal ee Mount, wuelverstane bei der jëtzege Regierung steet dran „dans les meilleurs délais“, mä maximal ee Mount.

Siwente Punkt: D'Lëscht vun den Dokumenter, déi just betraffe Persounen zougestallt kréien, ass déiselwecht an deenen zwee Texter, genee wéi déi Fäll, an deenen eng Demande, fir Dokumenter ze kréien, ka refuséiert ginn. Mir stellen also ofschléissend fest, dass de grouse Prinzip an deenen zwee Texter identesch ass.

Mir gi vun enger Logik aus, an där d'Dokumenter nëmme konnten ugefrot ginn op Basis vun engem Intérêt direct vun deemjéinegen, dee gefrot huet. Elo gi mir eriwuer op eng Logik, an där jiddereen alles froe kann, ouni müssen en Intérêt direct nowiesen ze kënnen.

Mir begrëissen dat ausdrécklech, well mir domadder eigentlech bei all Bierger den Intérêt direct fir all administrativen Akt vum Stat viraussetzen. Et ass also eendeiteg ee Schrëtt hin zu enger Biergergesellschaft, an dat ass och gutt esou!

Doriwwer aus ass souguer de Wuertlaut am Text vun der aktueller Majoritéit deelweis deeselvechte wéi am Text Juncker.



Madamm Presidentin, och de Statsrot huet e puer ganz pertinent Bemierkungen zum Gesetzesprojet gemaach:

Éischstens, e befaasst sech mat der Definitioun vun engem Dokument. Hie berëfft sech dobäi op d'Konventioun vum Conseil de l'Europe iwwert den Accès zu ëffentlechen Dokumenter. Dës Konventioun gouf jo den 18. Juni 2009 adoptéiert. An där Konventioun gëtt en Dokument definéiert als „all Informatioun, déi déi ëffentlech Instanzen hunn“, an dës egal ënner wéi enger Form et déi Informatioun gëtt an egal, ob se geschriwwen ass oder net. D'Gesetzestexter vun eisen Nopeschlänner ginn iwwerengens an dëselwecht Richtung.

Zweetens, de Statsrot seet, dass et keng verfassungsrechtlech Definitioun respektiv iwwerhaapt keng legal Definitioun vun der „administrativer Tätigkeet“ gëtt. Dës Punkt ass keng Hoerspléckerei, mä absolutt zentral, well den Informatiounszougang, vun deem mer schwätzen, betrëfft jo grad d'Dokumenter iwwer eng administrativ Tätigkeet.

De Statsrot selwer schreift, dass an Zukunft d'Gerichter wäerte Kritäre festleeën, déi bestëmmen, ob en Dokument eng administrativ Tätigkeet betrëfft oder net. Et riskéieren also nach äusserst spannend Zäiten op eis zouzekomme mat deemem Gesetzestext. Vlächst wier et gutt gewiescht, hei als Gesetzgeber och Definitiousgeber ze sinn, zumindest wat esou fundamental Notiounen wéi déi administrativ Tätigkeet ugeet.

Des Weidere weist de Statsrot drop hin, dass et schonn eng Obligatioun fir eng Verëffentlechung gëtt, wann eng Verwaltung just am Besëtz vun engem Dokument ass. Si muss et also emol net selwer verfaasst hunn. Hei kënnen mir et dann och ganz séier mat enger éischter negativer Transparenz ze doe kréien, déi iwwerengens och ka voyeuristesche Tendenzen unhuelen.

Et stellt sech awer och an deem Zesammenhang d'Fro, wéi et sech mat den Droits de propriété intellectuelle verhält, wann et sech notament ëm Etüden handelt, déi an de Ministère leien an déi vun enger drëtter Persoun verfaasst goufen.

Madamm Presidentin, duerfir meng Fro un d'Regierung: Gëtt elo hei e Guide opgestallt, wéi d'Verwaltung sech verhält sollen? Kréie si Richtlinne matgedeelt vum Statsministère? Oder muss all Verwaltung selwer kucken, dass se eens gëtt? Hei bleiwen nämlech fir eis Verwaltung vill Froen opstoen. An duerfir däre mir si net mat dëse Suergen elengloossen. E wierklech transparente Stat ass nämlech och ee kohärente Stat, well nëmmen esou ass seng Transparenz och gläwiederdega kohärent.

A wann ech scho bei der Kohärenz sinn: En drëtter Punkt, mat deem de Statsrot sech am Detail beschäftegt huet, ass dee vun der Kohärenz tëschent de verschiddene Gesetzer, déi et am Beräich vum Informatiounszougang hei zu Lëtzebuerg gëtt.

Bis elo gëtt et zu Lëtzebuerg keng eenheetlech Gesetzgebung iwwert den Informatiounszougang. Et ginn awer verschidde Gesetzer, déi dës deelweis regelen. Et gëtt d'Gesetz vum 1. Dezember 1978 iwwert d'Procédure administrative non contentieuse mam groussherzogleche Reglement vum 8. Juni 1979 mat den Ausföhrungsbestëmmungen. Et gëtt d'Gesetz vum 25. November 2005 iwwert den Informatiounszougang am Ëmweltberäich. An et gëtt d'modifizéiert Gesetz vum 7. Dezember 2007 iwwert d'Weiderbenotze vun Informatiounen aus dem ëffentleche Secteur.

De Statsrot hätt eigentlech léiwer gesinn, wann dës Texter all vereenheetlecht gi wieren, haaptsächlech wat d'Terminologie an den Uwendungsbereich vum Gesetz betrëfft. Dës ass awer net gemaach ginn, mä mir hu weider op ënnerschiddlechen Texter geschafft.

Grad fir eng Majoritéit, déi d'Fënstere wollt grouss oprappe viru fënnf Joer, ass dat bezeichnend! Datselwecht kéint ech iwwerengens och iwwert den Zäitpunkt, also elo dräi Méint virun de Wahlen, soen. Mä och hei kann a soll all Bierger sech seng Meenung selwer maachen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Mä kommt, mir ginn zréck bei de Statsrot, dee sech an deem Zesammenhang haaptsächlech op säin Avis zum Archivagegesetz, dat mir jo d'lescht Woch an deem Haus gestëmmt hunn, berëfft. Laut dem Statsrot riskéiert et en Interessenkonflikt ze ginn tëschent eise Gesetzeprojet vun haut an dem Gesetz iwwert den Archivage. An dat ass net gutt!

Engersäits soll jo mam Gesetzesprojet vun haut den Informatiounszougang geregelt ginn an deem Sënn, dass d'Bierger an Zukunft Zougrëff kréie sollen op all Dokumenter iwwert déi schonn erwänt administrativ Tätigkeet, et sief dann, d'Dokumenter géifen aus Beräicher kommen, déi ausdrécklech erausgeholl gi sinn aus dem Informatiounszougang.

Weider ass den Zougang zu den Dokumenter, déi ënnert den haitege Gesetzesprojet falen, virgesinn, och wann dës Dokumenter bei den Archive sinn. Anerersäits ass am Gesetz iwwert den Archivage awer en Delai virgesi vu 50 respektiv 100 Joer, ier d'Archive sollen ëffentlech zougänglech gemaach ginn.

An och, wann ech mech widerhuelen: Och hei riskéieren um Terrain an Zukunft nach spannend Zäiten op eis duerzekommen. Et muss nämlech gekläert ginn, ob d'Dokumenter ënnert d'Gesetz vum Informatiounszougang falen oder net, an dann eréischt ginn d'Archiven zougänglech gemaach, ouni mussen den Délai d'utilité administrative vu 50 respektiv 100 Joer ofzewaarden.

Drëtter Punkt: De Statsrot weist dann och op den Artikel 5 aus dem groussherzogleche Règlement iwwert d'Procédure administrative non contentieuse hin. Dësen Artikel seet, dass, wann eng Decisioun vum Stat oder vun enger Gemeng d'Rechter an d'Interesse vun enger drëtter Persoun betrëfft, dës Decisioun esou verëffentlecht gi muss, dass déi drëtter Persoun d'Méiglechkeet huet, hir Rechter an Interessen ze verteidegen. Dergéint steet awer eng Lëscht mat Ausnahme vun de Fäll, an deenen d'Dokument net muss verëffentlecht ginn.

Och hei kann ee sech froen: Wat ass dann elo Fakt mat deem Gesetz? An dës sinn nëmmen e puer Problemer, déi de Statsrot opgeléicht huet a sengem Avis iwwert dës Gesetzeprojet!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et bleiwe mat deem Gesetz also Froen iwwer Froen ze beäntweren. Ech wëll ergänzend zum Statsrot der nach just zwou derbäistellen:

Mir stellen eis als CSV d'Fro zum Beispill, ob d'Etüden, déi zur Ausschaffung vun de sektorielle Leitpläng gemaach gi sinn, hätte missen am Virfeld verëffentlecht ginn oder net, wann dës Gesetz iwwert den Informatiounszougang schonn a Kraaft gewiescht wier. Et handelt sech jo net ëm eng Wirtschafts-, Finanz-, Steier- oder kommerziell Politik. Et sinn och keng kommerziell an industriell Informatiounen dran, déi vertraulich sinn. Selbstverständlech, d'Deliberatiounen vun der Regierung bleiwen awer vertraulich.

Ech huelen e weidert Beispill: Baugeneemegungen. Wann eng Baugeneemegung ausgestallt gëtt, muss ee se kënnen gesinn. Schliisslech huet jo all Noper en direkten Interessi un deem, wat niewent him gebaut gëtt. An hei spillt d'Gesetz iwwert d'Procédure administrative non contentieuse. Deejeinegen, deen d'Baugeneemegung ugefrot huet, kann awer soen, dass et fir hien ëm d'Sécherheet vun de Leit geet, déi am Haus wunne wäerten, an ëm säi Privatliwen. Schliisslech wëllt e Bauhär jo net, dass all Mënsch weess, wéi hie säin Haus bannendran age-riicht huet. Ausserdeem muss och net all potenziellen Abriecher d'Pläng vum Haus kënnen kucken, soss huet hien et jo einfach, fir eventuell Schwachstellen ze fannen, an e ka sech herno am Haus bannendra besser orientéieren, wann hien d'Pläng kennt. Grad elo an der Vakanzzeit ass dat jo immens praktesch fir bestëmmte Kreesser.

Bis elo goufen d'Baugeneemegunge jiddefalls ëmmer op der Gemeng konsultéiert. Mussen déi elo um Internetsite vun all Gemeng verëffentlecht ginn, mat alle Pläng a Couppe? An den Architekt an där ganzer Saach, dee ka sech jo och op d'Propriété intellectuelle berufen, schliisslech huet hie jo d'Pläng gezeecht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen et nach eemol: Et gëtt ganz interessant, wann dës Gesetz bis a Kraaft trëtt!

Bei eisen däitschen Nopere gouf am Joer 2005 d'Informationsfreiheitsgesetz gestëmmt. Am Joer 2006 goufen et 2.278 Ufroen, fir Dokumenter ze kréien. Am Joer 2017 goufen et 12.950 Ufroen. Laut engem rezenten Artikel an der däitscher Press ass awer nëmmen eng vun zwou Ufroen positiv beäntwert ginn. Et dauert dacks Joren, bis d'Dokumenter erausginn, an dann och nach just, well d'Gerichter dat esou decidéiert hunn.

D'Journaliste schreiwe weider, dass d'Aarbechtsbelaaschtung souwuel fir d'Verwaltung wéi fir d'Gerichter héich wier; eppes, wat ech och scho virdrun ze bedenke ginn hunn.

Weider kritiséiert d'Press an deem Artikel, dass an de Verwaltung verschidde Virgänger guer net méi opgeschriwwen ginn, fir ze vermeiden, dass et en Dokument gëtt, dat gegebenenfalls muss verëffentlecht ginn. Dës ass eng eenzeg

Katastroph, well doduerjer vill Informatiounen a Wësse verluer ginn an et gëtt einfach schrecklech schwéier, fir nodréiglech eng Decisioun vun enger Verwaltung nozevollzéie respektiv ze verstoen.

Et muss een also wierklech oppassen, dass et an der Praxis net just zu enger Scheintransparenz kënnt, an där alles gutt ass, an hannendru gëtt et eng parallell Wierklechkeet, déi no bausen emol bal guer net méi zum Virschäi kënnt. Dann hätte mer nämlech wierklech net gutt geschafft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei eise belschen Nopere, déi eis jo elo alleguerde während der Weltmeeschterschaft am Fussball esou begeeschtert hunn, ass den Informatiounszougang an der Verfassung am Artikel 32 verankert: «Chacun a le droit de consulter chaque document administratif et de s'en faire remettre copie, sauf dans les cas et conditions fixés par la loi, le décret ou la règle visée à l'article 134.» A fir da komplett ze sinn: Am Artikel 134, do geet et ëm d'Kompetenze vun de Regiounen an der Belsch. Mam Gesetz vum 11. Abrëll 1994 iwwert d'Publicité de l'administration gëtt den Informatiounszougang geregelt. Och an der Belsch ginn et munch Schwierigkeete bei der Uwendung an et huet vill missen op legislativem Wee nogebessert ginn.

Net ëmsoss ass d'Iwwerschreift vun enger Etüd vu Professeren an Assistente vun der Lécker Universitéit iwwerschriwwen: «L'accès aux documents administratifs, un itinéraire sinueux.» Si weisen op, dass den Informatiounszougang ëmmer méi komplizéiert ginn ass am Laf vun de Joren. Et sinn ëmmer ënnert Gesetzestexter bäikomm, soudass d'Transparenz am Informatiounszougang ëmmer méi wäit ewechgeréckelt ass. Also och hei d'Diskrepanz vun Transparenzversuch an Transparenzwierklechkeet um Terrain.

Oder op gutt Lëtzebuergesch gesot: Den „itinéraire sinueux“, wéi d'Belsch soen, ass e stengege Wee mat ville schaarfe Kéieren dran, e Wee mat Géigeverkéier a mat Schëlter, déi alles anescht wéi kloer sinn. A bei eis hei wäert et an Zukunft net vill aneschters sinn!

Och a Frankräich gouf et schonn am Joer 1978 e Gesetz mat verschiddene Mesuren, fir d'Relatiounen tëschent der Verwaltung an dem Public ze verbessern. Och gouf an deem Gesetz den Informatiounszougang geregelt. Haut ass dës Gesetz an de Code des relations entre le public et l'administration integréiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zu menger Konklusioun.

Inhaltlech sinn d'Gesetzestexter vun eisen Nopeschlänner net wäit ewech vum Gesetzesprojet, iwwert dee mir haut ofstëmmen. An anere Wieder: Mir kënnen eis haut schonn an der Praxis op dëselwecht Problemer wéi an der Belsch, a Frankräich oder an Däitschland astellen.

Nach besser wier et gewiescht, mir hätten, wéi esou dacks an eiser legislativer Vergaangeneheet, méi intelligent vun eisen Nopere ofgeschriwwen a mir hätte virun allem hir negativ Erfahrungen haut schonn an eis Gesetzgebung afléisse gelooss, well, an ech soen et elo wierklech eng leschte Kéier, och hei zu Lëtzebuerg wäert de Gesetzesprojet iwwert den Informatiounszougang vill Schwierigkeete bei senger Ëmsetzung an der Praxis mat sech bréngen. Schwierigkeeten, déi een duerchaus hätt kënnen op e Minimum reduzéieren, wann een e weineg méi realitéitsno legiferéiert hätt! Mä d'Wierklechkeet an den Terrain schéngen net ëmmer d'Saach vun där Majoritéit ze sinn.

(Brouhaha)

Duerfir huet d'Regierung och bestëmmt virgesinn, dass de Gesetzesprojet nëmmen Dokumenter betrëfft, déi nom Akraafttriede vum Gesetz geschaaft ginn, och wann dat eng eendeleeg Verschlechterung am Verglach zum fréieren CSV-Projet duerstellt.

Trotzdem wäerte mir als CSV dësen Text matstëmmen,...

(Interruptions)

...net, well mir zudéifst dovunner iwwerzeegt wieren, ganz am Géigendeel! Ech mengen, ech hunn eis Kriticken a Bedenken, déi jo och gréisstendeels vum Statsrot gedeelt ginn, laang a breet duergeluecht.

Neen, mat eise Vott wëlle mir eis grondsätzlech fir de Prinzip vum Informatiounszougang ausschwätzen an domadder och fir en transparente Stat an eng oppe Gesellschaft, zu deenen och noutwendegerweis ëmmer eng transparent an eng oppen Administratioun derzougehéiert. Dës Administratioun däre mir net eleng losse bei hirer schwiereger Aarbecht am Interessi vun de Bierger, net nëmme weinst der Administratioun selwer, mä och weinst dem Bierger, op deen et um Enn vum Dag an eiser Demokratie ukënnt.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet elo den Här Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Kollegeninnen a Kollegen, fir d'LSAP ass de fräien Zougang zu Verwaltungsdokumenter e wichtegt Element vun enger dynamescher, vun enger participativer Demokratie. Bierger, déi net gutt informéiert sinn oder net genuch informéiert sinn, déi kënnen schlecht beuerteelen an déi kënnen och schlecht déi richteg Decisiounen huelen. Duerfir ass et wichteg, dass mer eis Verwaltungen nach méi grouss opmaache wéi dat haut schonn de Fall ass. A fir meng Partei ass dat heiten awer elo, géif ech soen, en Etappesuccès, wann ech kucken, wéi laang mer hei zu Lëtzebuerg iwwert déi dote Froen diskutéieren.

1999 hate mer déi Fuerderung no engem allgemengen Zougangsgesetz fir d'Bierger, wat d'Verwaltungsinformatiounen ugeet, an eise Wahlprogramm stoen. Et ass elo zënter 1999 a sämtleche Koalitionsaccorden dra gewiescht, vun 1999 un, dat si jo bal 20 Joer! An elo bréinge mer et da schlussendlech ronn, fir hei e Gesetzestext esou wäit ze bréngen, dass e kann ofgestëmmt ginn. Dat mécht dës Majoritéit sécherlech net aus wahlaktische Grënn, well de Projet, wëll ech der Madamm Adehm rappéléieren, ass net virun e puer Méint deponéiert ginn, mä en ass am Joer 2015 deponéiert ginn. Dann ass et jo net esou abwegeg, dass een no dräi Joer legislativer Prozedur déi dann och hei op e gutt Enn féiert.

Ech selwer hunn am Joer 2000 - als Oppositionsdeputéierten deemools - eng Gesetzespropositioun zum Zougang zu den Informatiounen eragereecht, déi sech inspiréiert huet un deem eenzege Gesetzestext, dee bis dato bestanen huet an deem dote Beräich, nämlech deem zum Zougang zu den Informatiounen am Ëmweltberäich. A schlussendlech ass déi - dat ass och e Rekord - no eefel Joer vum Statsrot aviséiert ginn! Do gesäit een, wéi legislativ Prozeduren hei lafen a virun allem déi Propositions de loi vun den Deputéierte respektéiert gi vun deenen aneren Instanzen!

Entre-temps, muss ech allerdingens soen, hu mer derfir gesuergt, dass d'Prozedur geännert gi sinn an dass de Conseil d'État net méi eng Prise de position vun der Regierung ofwaart, ier en un d'Proposition-de-loien erugeet. Dat ass och gutt esou, dass mer dat gemaach hunn. Dat war deemools nach net de Fall.

Déi lescht Regierung huet sech schwéiergedoe mat deem dote Projet. Mir hunn oft mam Här Juncker doriwwer diskutéiert. Et war net evident, dass deen éischte Projet 2013 komm ass. Wéi gesot, en ass och ënner engem gewesenen Drock komm, a meng Proposition de loi hat jo och eigentlech den Zweck, fir e gewesenen Drock op deen doten Dossier ze maachen, well ech weess, wéi schwierig déi Diskussiounen sinn. An d'Interventioun vun der CSV-Spreecherin huet mech nach eng Kéier dora bestätegt, wéi schwierig eigentlech déi dote Matière ass a wéi schwéier sech eenzel Formatiounen di mat enger transparenter Verwaltung.

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - Dir wësst jo awer, dass et d'LSAP wäert déi net wollt, dass de Projet sollt esou wäit goen!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - An d'Madamm Reding huet jo och virum Land kloergemaach nach virun e puer Deeg, wat si vun Transparenz an der Politik allgemeng hält!

(Interruptions)

An déi Reschter vun där doter Meenung fënnt ee sécherlech och hei ërm an där Debatt, wéi mer se haut gefouert hunn, well et ass richtig, ech hätt mer duerchaus kënnen virstellen, dass dës Regierung net en eegene Projet deponéiert hätt, mä iwwer Amendementen de Projet vun der viregter Regierung hätt kënnen op eenzelne Punkten ofänneren. Dat wär eng Method gewiescht, déi machbar gewiescht wär. D'Regierung ass en anere Wee hei gaangen. D'Resultat ass am Endeffekt datselwecht.

Mä wat ech awer schwéier hunn ze akzeptéieren: dass hei d'CSV da fir d'Éischt emol de Projet Juncker, de Projet vun enger viregter Regierung duerstellt, wéi wann do alles glänzend gewiescht wär. An da kommen eng Rei vun Argumenter, wou se awer vum Projet Juncker net méi schwätzt op eemol, wou se Argumenter hält, fir dës Projet ze kritiséieren, déi s de eent zu eent misst op de Juncker-Projet och eriwwehuelen:

Präzisioun vun de Begrëffer, d'Definitioun vum Champs d'application, alles dat si Kriticken, déi ee kann un deemem Projet maachen, mä déi trefen awer zu 100% och op de Projet zou, fir deen dann den CSV-Minister responsabel war! Och do war net eng Léisung eigentlech dra fir déi Kriticken, déi hei virbruecht gi sinn an deelweis och dann hiren Nidderschlag an engem Avis vum Statsrot fonnt hunn.



Ech hunn och keen anert Land begéint, wann ech déi Legislatioun kucken, wou all déi dote Problemer geléist wären! Et ass jo och grad nach gesot ginn, dass an deenen anere Länner d'Praxis sech vläicht net esou entwéckelt huet, wéi eigentlech d'Auteure vun hire Gesetzer sech dat gewünscht haten. Also och do ginn et keng Léisungen! Mir kënnen also och do net ofschreiwen! Ech hu keen Amendement gesi vun der CSV, fir iergendee Problem ze léisen, dee se hei eropbeschwuer huet.

Ech mengen, do sollt ee Vertraue maachen un eis Gerichter, un eis Verwaltungen, déi national, déi lokal, fir domadder ëmzegoen. Mir hate jo dee Fall schonn! Et war jo net anescht viru laangen, laange Joren, deemools war ech Ëmweltminister, wéi fir d'Éischt hei zu Lëtzebuerg dann eng Direktiv ëmgemat ginn ass, wat den Zougang zu den Informatiounen am Ëmweltberäich ugeet. Do ass Jore méi spéit eng zweet Direktiv komm, et ass nogebessert ginn an et huet sech eng Jurisprudenz gemaach iwwert d'Ausleeung vun deenen dote Bestëmmungen.

Hei wäert et net anescht goen. Et ginn ëmmer Grenzfall, déi sech stelle wäerten. An dann ass et un de Gerichter respektiv elo un där Spezialkommissioun, déi hei agesat ginn ass, fir derfir ze suergen, dass eng eenheetlech Interpretatioun vun den Texter gemaach gëtt, dass wa méiglech all Verwaltungen déi Texter hei op eng äänlech Aart a Weis applizéieren, quitte dass ëmmer en Ermiessensspillraum muss bleiwe vu Fall zu Fall. All Dossier ass ëmmer e bëssen anescht an duerfir kann een dat och net an e festen Text géissen. Ech weess wierklech net, wéi een dat sollt an deem heite Fall maachen.

Duerfir mengen ech, dass een also, wann een hei Kritik üübt, muss wëssen, dass déi Kritik gradesou gëllt fir den Text vun der viregter Regierung an dass et och keng Léisungen, konkret Léisungsvirschléi hei ginn, fir deen Text wierklech besser ze maachen.

Ech hu sengerzäit am Numm vu menger Partei de Juncker-Text kritiséiert op zwee Punkten. Ech hunn e kritiséiert, dass en déi Schiidsstell net virgesinn huet, déi wéi Leit gefuerdert hu sengerzäit, dass een also eng Kommissioun asetzt, déi verhiënnert, dass Leit mussen op d'Gerichter goen, fir zu hirem Recht ze kommen, déi also hëllef, Prozeduren ze beschleunegen an och eng güütlech Eenegung ze fanen.

De Regierungsprojet, dee verbessert op deem doten entscheidende Punkt. Dat ass fir mech e klore Plus par rapport zu deem Text, dee virdru bestanen huet.

An ech hunn och den Androck, dass eng ganz Partie Beräicher, déi am viregten Text ausgeschloss waren, dat gëllt notament fir d'Chamber, fir de Conseil d'État, fir d'Cour des comptes, fir d'Chambres professionnelles an esou virun an esou weider, dass dat elo Punkte sinn, déi och an den Uwendungsberäich vun deem heiten Text mat erakommen, wou also dem Bierger säi Recht op en Zougang zu Informatiounen, déi d'Verwaltungen hunn, voll soll spillen, souwäit et sech ëm den administrativen Deel vun den Aktivitéite vun deenen Institutiounen do handelt.

Soudass ech mengen, dass deen heiten Text besser ass - net perfekt ass, mä et ass hei schweier, e perfekten Text ze maachen - wéi deen Text vun 2013, och wann e sech selbstverständlech an eng äänlech Richtung beweegt wéi den Text, deen nach, wéi gesot, zum Schluss vun der leschter Mandatsperiod vun der viregter Regierung abruecht ginn ass.

Well dat esou ass, war ech och bereet, meng Proposition de loi zrëckzezéien, soudass elo just nach de Regierungstext zur Ofstëmmung hei virläit, dee jo och an der Kommissioun nach vill diskutéiert ginn ass, wou eng Rei vun Amendemente formuléiert gi sinn.

Ech hunn och do gespuert - ech war e puermol ersetzen an déi dote Kommissioun -, jo, dass do och zwou Séilen an eenzelnen Deputéierten hirer Broscht geschloen hunn, déi sech bal als Deputéierte gesinn hunn, sech bal awer och natierlech als Chef vun enger Verwaltung gesinn hunn, sief dat op kommunalem Plang, a wou ee sech dann natierlech déi praktesch Fro stellt: Wéi soll een dat Ganzt do handelen? Wat bedeit dat doten am Kloertext? Wat fir eng Informatiounen mussen eraus a wat fir eng Informatiounen mussen net eraus?

Dat huet een ëmmer gemierkt, deen Eeërdanz e bëssen, dee statfonnt huet an där doter Matière. An ech mengen, dass schlussendlech hei awer e gudden Equilibre fonnt ginn ass vun deenen eenzelne Fräiheiten a Rechter, déi ee muss berücksichtegen. An déi kënnen natierlech openeerprallen, wou een da muss eng Ofweigung vu Fall zu Fall maachen.

Duerfir ass jo hei de Prinzip fest verankert - dat ass fir eis wichtig -, dass e Recht op en Zou-

gang zu Informatiounen besteet fir all Bierger, an dat hu mer bis elo zu Lëtzebuerg net kannt, och wa se keen direkten Interêt an enger Affär hunn. Dat ass jo de groussen Ënnerscheed zu der Procédure administrative non contentieuse, wou s de muss en Interêt à agir noweisen, fir kënnen Informatiounen ze kréien.

Hei ass et wierklech e Quantesprung an där Hiischt, dass een dat net méi brauch nozeweisen, dass also all Bierger dorop d'Recht huet. An op där anerer Säit ass et fir eis gradesou wichtig, dass och d'Verpflichtung vun de Verwaltungen festgehal gëtt, spontan eng ganz Rëtsch vun Informatiounen weiderzeginn. Et gëtt zum Deel scho gemaach. Do kann ee sécherlech nach méi maachen.

A wann een also méi spontan erausgëtt, vu sech aus méi vun Informatiounen publizéiert, déi de Bierger interesséieren, da kommen och manner Nofroe vun eenzelne Bierger, well dann huet dee jo déi Informatiounen, da brauch e se net nach eng Kéier ze froen. A wann d'Informatiounen jo scho verëffentlecht gi sinn, da brauch ee se net nach eng Kéier nozeliwweren, wann en eenzelne Bierger se freet. Et muss een déi zwee Elementer zesumme geseinn: d'Recht op en Zougang vun all Bierger an op där anerer Säit awer och d'Verpflichtung vun de Verwaltungen, fir spontan eng ganz Rëtsch vun Informatiounen un de Bierger weiderzeginn a se no bausen ze publizéieren.

Déi grouss Diskussioun war d'Fro vun der Press. Soll d'Press eng extra Stellung kréien, extra Rechter kréien, jo oder neen? Eis Positioun war an ass, dass et sech an deemem Gesetz dorëm handelt, dem Bierger en Zougang ze ginn an dass et net gutt wär, hei zwou Kategorie vu Bierger an deemem Gesetz virzegesinn: op där enger Säit den normale Bierger an op där anerer Säit d'Press, déi eng speziell Fonctioun selbstverständlech huet an enger Demokratie. Mä dat muss am Pressegesetz geregelt sinn.

Duerfir stelle mir eis och hannert déi Fuerderung vum Presserot a vun aneren, fir ze soen: Et solle speziell Bestëmmungen fir d'Press ginn, wat den Zougang ugeet. Dee muss méi lichte gemaach si wéi am Normalfall. Mä dat gehéiert an d'Pressegesetz, dat gehéiert net an en allgemengen Text, wou et drëm geet, fir dem Bierger e Recht ze schafen, en Zougang zu Informatiounen ze hunn. Dat kënnt also och.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Da kënnt d'Diskussioun och ronderëm déi Circulaires, ob d'Circulaire Santer, ob d'Circulaire Bettel. Dat si jo déi Saachen, déi ëmmer an der Diskussioun sinn. Déi Circulaire muss souwiso nogekuckt ginn, ob déi nach eent zu eent konform sinn zu deenen heiten Texter.

An da muss een an där Diskussioun do och dee richtegen Equilibre fannen: d'Recht op Informatioun, wou d'Press eng besonnesch Roll ze spillen huet selbstverständlech, an op där anerer Säit awer natierlech och d'Recht vu Verwaltungen, fir kënnen eng uerdentlech Aarbecht ze maachen, déi net gestéiert ass vu bausen an déi och muss kënnen bis op e Punkt gefouert ginn, dass et zu Decisiounen kënnt an der Verwaltung.

Ech wëll soen, dass mer jo och an enger ganzer Rëtsch vu Prozedure Matbestëmmungsrechter hunn. Mir hu jo a ganz ville Geneemegungsprozeduren, ob dat op lokalem Plang ass, ob dat op nationalem Plang ass, schonn d'Recht erageschriwwen, dass d'Dossiere mussen opgeluecht ginn, dass d'Bierger kënnen d'Dossieren akucke kommen. Dat besteet jo schonn hei.

Soudass also, mengen ech, vum Uwendungsberäich hier sécherlech nei Elementer hei mat derbäikommen, nei Beräicher mat derbäikommen, mä mir hunn awer duerch déi ganz spezifesch Legislatioun schonn eng grouss Transparenz an eenzelnen Decisiounsprozeduren dran. An dat ass och gutt esou. An déi ginn heider natierlech elo net ageschränkt.

All d'Spezialgesetzter bleiwe bestoen. Hei kënnt en allgemengt Gesetz bää. All d'Spezialgesetzter bleiwe bestoen, wéi och dat Spezialgesetz iwwert den Zougang zu den Informatiounen am Ëmweltberäich selbstverständlech net ofgeschaaft gëtt duerch deen heiten Text. Mä déi Dispositiounen bleiwen och weiderhi bestoen.

Wat hei dran ass a wou ee kann driwwer diskutéieren, dat ass déi Fro, dass hei virgesinn ass, dass an all Verwaltung een Agent soll bestëmmt ginn, dee fir déi Kommunikatioun no bausen do zoustänneg ass. Dat mécht Sënn an eenzelne Fäll. Ech froe mech, ob dat an alle Fäll Sënn mécht an ob dat net vläicht an eenzelne Situatiounen zu enger onnéideger Verlängerung vun de Prozedure féiert, well déi Persoun net do ass oder well se net am Dossier dran ass. Dat dauert jo och dann, bis déi weess, ëm wat dass et geet. Déi kennt jo net all d'Dossiere vu sech selwer, si muss also Erklärungen kréien dozou.

Duerfir mengen ech, dass et och mat deem heiten Text - dat ass eis Interpretatioun - méiglech ass, dass d'Verwaltung sech do och nach zousätzlech Weeër ginn, wéi se déi Informatiounen weiderginn no bausen, mä selbstverständlech muss dat ëmmer mam Accord geschéie vum politeschen a vum administrative Verantwortleche vun där doter Verwaltung. Dat hei schéngt mer net e One-way ze sinn, wéi een op déi dote praktesch Froe vun der Organisatioun an dem Austausch no bausse vun Informatiounen ka reagéieren.

Fir eis ass et och ganz kloer, dass, well den Zougang de Prinzip ass, d'Regel ass: All Ausnahme-regelungen, all Aschränkungen vun deem Recht muss restriktiv interpretéiert ginn. Den Zougang ass de Prinzip, also muss am Zweifelsfall déi Informatioun zougänglech gemaach ginn. An et kann nëmme dann, wann et kloer ass, dass se an eng vun den Ausnahmehypothesen erafällt, déi d'Gesetz definéiert, den Zougang zu där Informatioun verweigert ginn. Dat schéngt mer, mengen ech, eng richtig Approche ze sinn, fir herno un d'Applikatioun vun deem heiten Text erunzegoen.

Ech hu scho gesot, dass mer ausdrécklech begrëssen, dass hei eng Kommissioun agesat gëtt, déi hëllef kann, Gerichtsprozeduren ze vermeiden - dat ass ëmmer eppes Positives, well d'Prozeduren daueren an oft deier sinn -, an zweetens, déi awer och hëllef kann, eng Vereenheetlechung vun der Applikatioun vum Text op d'Been ze stellen. Och dat ass sécherlech e positiv Punkt.

Ech liese perséinlech och den Text esou - dat geet net 100%eg aus dem Text mat aller Däitlechkeet ervir -, dass et keng Obligatioun ass, fir déi Kommissioun ze saisiieren, ier ee bei d'Verwaltungsgericht geet. Dat ass eng Méiglechkeet. Et steet dran „peut saisir (...) la Commission“, mä et muss och méiglech sinn, dass een direkt bei d'Verwaltungsgericht geet, fir do säi Recht anzekloen. An et ass een net forcéiert, iwwert de Wee vun där Kommissioun do ze goen, wat jo och dann awer e gewëssenen Zäitverloscht ka mat sech bréngen, wann ee mengt, et géif näischt erauskomme bei där doter Prozedur.

Gutt ass et, dass mer schlussendlech op de Wee gaange si vun engem Recours en réformation, dat heescht also, dass d'Gerichter amplaz vun der Verwaltung kënnen herno d'Decision huelen an dass et net e Recours en annulation ass. Da géif jo déi Verwaltung, déi grad verweigert huet, fir eng Donnée erauszeginn, erëm eng Kéier chargéiert ginn, fir nach eng Kéier d'Affär ze kucken. Duerfir ass et richtig, dass mer hei op de Wee vun engem Recours en réformation gaange sinn. Dat ass sécherlech am Interessi vun de Leit an och vun dach schnellen Decisiounen.

D'Zesummesetzung vun der Kommissioun, do-riwwer kann een ëmmer streiden. Ech mengen, dass hei versicht ginn ass, eng Zesummesetzung ze ginn, déi op där enger Säit no bausen eng gewëssen Autoritéit duerstellt - dat ass jo och wichtig par rapport zu Verwaltungen, deenen hir Decisiounen jo da kritesch hannerfrot ginn - an och eng gewëssen Autonomie an Onofhängegkeet no bausen duerstellt, soudass ech mengen, dass dat eigentlech och e Punkt ass, deen een am Endeffekt net sollt kritiséieren.

Dese Gesetzesprojet stellt also schonn eng staark Entwécklung duer - ech géif net vun enger Revolutioun schwätzen, mä awer vun enger ganz staarker Entwécklung - an där Tendenz, déi mer iwwer laang Joren hei zu Lëtzebuerg opgebaut hunn. Mir hate laang, wéi d'Simone Beissel et a sengem exzellente Rapport och duergestallt huet, eng Verwaltung, déi zou war, dat muss een hei soen.

Eis Verwaltung, nach virun 30 Joer, dat war eng zoue Verwaltung. An nach haut - dat wësse Leit, déi mat Verwaltungen emol ze dinn haten - di se sech an eenzelnen Deeler schweier, fir sech opzemaachen. An duerfir brauch een Texter, déi do hëllefen, fir déi Overturen no bausen, déi awer wichtig sinn an engem demokratesche Prozess, och heiansdo e bëssen ze forcéieren. An dese Projet, wéi aner Gesetzer virdrun, schreift sech an déi doten Entwécklung och an.

Mir stinn also als LSAP ganz kloer fir eng oppen, eng transparent Verwaltung, déi e Maximum un Informatiounen vu sech aus selwer no bausse kommunizéiert an déi och mam Bierger doduerjer interagéiert. Et ass net op där enger Säit d'Verwaltung an op där anerer Säit de Bierger; wat wichtig ass, dat ass, dass do eng Interaktioun stattfënt an dass dat aneneegräift. An dësen Text, wann e richtig applizéiert gëtt, kann do hëllefen.

Natierlech ass dat heiten eng komplex Matière. A wat zur Komplexitéit - an dat huet am Ursprung weder dese Projet de loi nach dee vun der viregter Regierung virgesinn - nei derbäikënnt, dat sinn déi nei schaarf Bestëm-

mungen vum Dateschutz. Dat mécht d'Applikatioun vun deem heiten Text net méi einfach! Ganz am Contraire.

An ech froe mech ëmmer méi, muss ech soen, wann ech mer dat ukucken, wat déi nei Bestëmmungen do mat sech bréngen, ob mer net iwwert d'Zilerausgeschoss sinn an Europa mat deem doten Text. Ech hunn ëmmer méi déi Impressioun, dass dat an eenzelnen Domänen wäert e Réckschrëtt bedeiten, vläicht Avancéieren am Schutz vun der Privatsphär a spezifesch Fäll, jo, mä de Präis, deen ze bezuelen ass, ass héich. De Präis ass héich!

An ech fäerten, dass deen iwwerdrifwenen Dateschutz kann derzou féieren, dass mer aner Politicken, déi mer wëllen - Transparenz no bausen, Informatiounen no bausse ginn -, doduerjer ganz staark hemmen, well mer da meticuleusement ëmmer mussen kucken: „Ma sinn do net awer Donnéeën dran, déi een eigentlech net dääft erausginn ouni den Accord vun deemjéinegen, deen direkt concernéiert ass?“ Alles dat ass ganz kriddeleg. An ech si bal sécher, dass mer an deenen nächste Joren nach eng Kéier déi Diskussioun iwwert den Dateschutz a ganz Europa an och zu Lëtzebuerg wäerte frësch féieren.

Ech kommen, Här President, zum Schluss. Ech wëllt nach eng Kéier e puer Etappen opzielen, déi fir mech wichtig waren a fir d'LSAP wichtig waren iwwert déi ganz lescht Joren, déi Avancéieren duergestallt hunn, wat d'Matbestëmmung vun de Bierger ugeet am Verwaltungsberäich.

Natierlech, den éischte grouse Punkt ass d'PAN-Gesetz, d'Procédure administrative non contentieuse mat den Texter vun 1978 an 1979, déi eng grouss Avancée duergestallt hunn. Da sinn et déi zwee Gesetzer, déi den Ëmweltschutz betreffen, den Zougang zu Informatiounen an deem Beräich, d'Gesetzer vun 1992 a vun 2005; d'europäesch Traitée mat besonnesch och der Charta vun de Grondrechter, déi och den Accès à l'information op europäeschem Plang verankert huet, also och do wäit geet. An d'Asetzung vun engem Mediateur zu Lëtzebuerg ass och ze gesinn an deemselwechte Kontext.

An da schlussendlech deen heite Projet de loi, deen, wéi gesot, gëtt jo kritiséiert. De Mouvement écologique huet haut nach all d'Deputéiert opgefuerdert, deen Text net ze stëmmen. Ech soe ganz éierlech: Net stëmmen, géif heeschen: Mir bleiwe beim Status quo. An de Status quo ass fir mech, deen elo 18 Joer an där doter Matière probéiert, e bësse Fortschrëttler ze kréien, net ze akzeptéieren!

Ech mengen och, an dat huet déi Debatt bis elo haut gewisen, dass och no de Wahlen déiselwecht Reserve wäerte bestoe bleiwe wéi virun de Wahlen, dass dat net fundamental wäert eppes änneren, wat d'Approche ugeet vun deem heiten Text. Hei ass, mengen ech, e valabele Kompromiss an deem heiten Text dran.

Vläicht sinn déi eng oder aner Restriktiounen ze schaarf, mä dat hu mer och an deem Gesetz gehat vun den Ëmweltinformatiounen. Da gëtt nogebessert. Da gëtt no e puer Joer e Bilan gezunn. Da gëtt eng Bewäertung gemaach vun der Situatioun, vun der Applikatioun vum Text, an da muss mer déi Texter nobesseren. Dat fannen ech e ganz normale legislative Prozess. Dat wäert hei net anescht sinn.

Fir eis ass de Status quo keng Léisung. Dat wär e Réckschrëtt. An duerfir wäert d'LSAP-Fraktioun och deen heiten Text stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Déi nächst Riednerin ass d'Madamm Sam Tanson.

► **Mme Sam Tanson (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Hären, mir stëmmen haut alt nees e Gesetz, wat d'Grondrechter zu Lëtzebuerg stäerkt, an nees e Gesetz, meng Virriedner hunn et scho gesot, iwwert dat scho jorzéngtelaang diskutéiert gëtt. 94 Länner hu weltwäit bis ewell e generellen Informatiounszougang. An et gëtt och héich Zäit, datt och Lëtzebuerg sech esou en Text gëtt.

Wisou ass et wichtig? Fir kënnen Decisiounen nozevollzéien, mä och well Informatiounen, déi an der ëffentlecher Hand sinn, vun Natur aus - den Numm seet et jo schonn: „ëffentlech Hand“ - ëffentlech sinn, es sei denn, et géif e legitimme Grond ginn, wisou se et net wieren. Dat beschte Beispill ass den Dateschutz, d'Recht op d'Privatsphär vum Eenzelnen.

Dësen Text huet also fir d'Alleréischte emol de Meritt, datt en existéiert an datt mer e kënnen



haut endlech stëmmen. En hieft ons do en Niveau méi héich, wat den transparenten an demokratesche Fonctionnement vun eise Stat ugeet. E geet och méi wäit wéi déi viiregt Proposen. D'Textanalys ass virdru scho gemaach ginn; ech ginn elo net méi dorobber an.

Natierlech gëtt et Punkten, wou ee muss an der Praxis kucken, ob se kloer genuch sinn oder ob se net maachen, datt den Zougang ze komplizéiert ass. Ech rejoignéieren hei den Alex Bodry.

Déi sëllege Motiounen, déi mer an de leschte Méint gestëmmt hunn, a bei deenen neien Texter, déi mer gestëmmt hunn, wou mer ëmmer erëm gefrot hunn, datt eng Evaluatioun no dräi Joer sollt gemaach gi vun engem Text, alles dat weist, datt bei all neier Prozedur an all neier Instanz sech muss an der Praxis emol fir d'Éischt erausstellen, wou et vläicht praktesch Problemer bei der Applikatioun gëtt. An et muss een ëmmer déi néideg Humilitéit hunn, fir ze soen, datt en Text kann nogebessert ginn, wa sech dann erausstellt, datt dat gewünscht Resultat net zu 100% antrëtt.

Dësen Text hei huet jiddefalls positiv Elementer, op déi ech wëll agoen, nieft dem Fait, datt en iwwerhaapt emol de generellen Zougang zu der Informatioun regelt.

Et gëtt elo eng generell Obligatioun fir déi betraffen Organismen agefouert, fir déi Dokumenter, déi ëffentlech sinn, vu sech aus ze verëffentlechen. Dat ass och noutwendeg, fir datt de Bierger iwwerhaapt weess, wéi eng Dokumenter et gëtt. An et erméiglecht en onkomplizéierten Zougang ouni administrativ Hürden, ouni mussen eng Demande ze maachen.

Eng Rëtsch Ministèren hu sech an de leschte Jore schonn där Logik hignn a publizéiere vu sech aus eng sëllegen Dokumenter. Déi Praxis muss elo generaliséiert ginn, net nëmme bei de Ministèren, Verwaltungen an esou weider, och bei de Gemengen. Och déi si gefrot, fir datt dat doten an der Praxis applikabel gëtt.

Wann een dann elo awer eng schréfflech Demande mécht, da muss dës natierlech präzis genuch sinn. Am anere Fall gi Präzisioone gefrot. Eng Äntwert kritt een dann awer esou séier wéi méiglech a spëtstens an engem Mount, sauf exception.

Positiv ass och, wien alles ënnert dës Zougangspflicht fällt: njeft Verwaltungen, Statsservicer, Gemengen, Établissements publics an Entreprises, déi en ëffentlechen Déngscht leeschten, och dëst Haus, de Statsrot, de Mediateur, d'Cour des comptes an d'Chambres professionnelles. Och dat begrësse mer absolutt.

Besonnenesch bei dräi Dispositiounen awer dierf d'ëffentlech Hand - ënnert der Opsicht vun de Geriichter - d'Begrëffer, déi am Text opgefuert sinn, net ze restriktiv ausleeën. Mä mir hu Vertraue souwuel an eis Administratioun wéi och an eis Geriichter, datt hei d'Weeër fonnt ginn.

Fir d'Éischt emol ass dat bei den Dokumenter, déi musse kommunizéiert ginn. Et handelt sech hei ëm Dokumenter, déi relativ zu enger administrativer Aktivitéit sinn. Am Commentaire des articles heescht et, dat wieren Dokumenter, déi en administrative Charakter hunn. Wat dat genee bedeit, muss noutfalls eis Jurisprudenz klären. Eng richteg Definitioun, dat gouf elo schonn e puermol gesot, gëtt et am Text net.

Allerdéngs kann ee sech och gären inspiréiere bei eisen Noperen - dat maache mer jo och soss dacks -, zum Beispill um franséischen Text, deen dës Dokumenter präzis definéiert an och oplëscht. Do gëtt gesot, datt all d'Dokumenter, déi d'ëffentlech Hand am Kader vun hirer Missioun kritt oder produzéiert, ënnert dës Definitioun falen, mat och enger präziser Oplëschung vun dësen Texter. Esou wéi mer eis Geriichter kennen, gi se jo regelméisseg bei eis Nopere kucken an inspiréiere sech och do. Dat ass eng breet Definitioun, op déi mer eis hei kënne bezéien, well et ass wichteg, datt dës Notioun net ze vill restriktiv interpretéiert gëtt, fir ze verhënneren, datt de Sënn vum Text ausgehiewelt gëtt.

Den Artikel 1 gesäit och d'Ausname vir, a wéi enge Fäll Dokumenter net kommunizéiert ginn. Verschidden Associatiounen, wéi de Mouvement écologique, fäerten eng ze large Ausleeung vun den Ausnamen. Si zitieren zum Beispill déi Ausnam, déi sech op d'Relations extérieures bezitt.

À première lecture kann dat natierlech alicheten. Et denkt ee vläicht u sensibel diplomatesch Dokumenter, mä d'Fro, déi d'Asbl opwerft, ass zum Beispill, ob Informatiounen ronderëm Steierfroen vu Frontaliere géifen dorënnerfalen oder net. Och hei muss am A behale ginn, ob

dës Ausname präzis genuch formuléiert sinn, fir dem Informatiounsougang gerecht ze ginn.

Datselwecht gëllt fir d'Ausnam, déi am Artikel 7 virgesinn ass, déi dorëms geet, datt eng Demande ka refuséiert ginn, wann en Dokument „en cours d'élaboration“ ass. Kann do zum Beispill och d'Kommunikatioun vun Etüde refuséiert ginn, déi gemaach ginn am Virfeld vun enger Decisioun? Oder bezitt sech dat just, fir bei dësem Beispill ze bleiwen, op d'Etüd selwer, soulaang dës net ofgeschloss ass?

Fir datt d'Gesetz säi vollen Effekt kann hunn, dierf och dëst net ze vill restriktiv ausgeluecht ginn - et ass alt nees eng Kéier an der Praxis, wou sech dat wäert bewären -, well et soss och e wichtegt Element vum Informatiounsougang, d'Aschätzen an d'Deelhuele bei Decisiounen, ausschléisst, en Deelhuelen, wat mer jo scho vill an eisen Texter verankert hunn a wat eben hei nach méi verankert soll ginn.

Et ass och absolutt positiv, datt den Text eng Kommissioun aféiert, eng aussergerichtlech Instanz, déi eng berodend Föntioun huet, mä déi awer och ka vum Bierger saiséiert ginn, falls dësen den Zougang zu engem Dokument refuséiert kritt. Dës Kommissioun kann och decidieren, datt Informatiounen musse kommunizéiert ginn, respektiv ka se de Refus, fir d'Informatiounen ze kommunizéieren, confirméieren.

Eng Decisioun vun der Kommissioun ka beim Verwaltungsrichter contestéiert ginn. Mir hu jo en prévision vun dësem Text, ënner anerem vun dësem Text, dem Verwaltungsgeriicht zwee nei Riichter fir d'Rentrée judiciaire accordéiert. A wéiwäit d'Recoursen effikass sinn, muss sech hei an der Praxis erausstellen.

A sengem Avis huet de President vum Verwaltungsgericht gewarnt, datt et ka bis zu engem Joer daueren, bis eng Decisioun gefällt gëtt, ganz einfach, well fix Delaie virgesi sinn, ënnert deenen een e Memoire um Verwaltungsgericht hält, an et dann ebe meeschtens ee Joer dauert, bis dann en definitiiv Uerteel kënnt. Sollten et vill där Dossiere ginn, da misst een och hei, esou wéi de President vum Verwaltungsgericht dat fret, iwwer eng Referérsprozedur speziell fir dës Kontext nodenken, well de Recours näamlech vun all Effektivitéit risquéiert entbonnen ze sinn, wann een en Dokument no engem Joer spréch méi spët kritt, nodeems een et ugefrot huet.

Nawell ass d'Roll vum Verwaltungsrichter hei eng wichteg, well prinzipiell Decisiounen, op d'mannst emol am Ufank vun der Applikatioun vun dësem Text, gefällt musse ginn. An déi Kommissioun, déi agefuert gëtt, déi wäert jo och derzou bäidroen, datt bannent méi kuerzen Delaie kënnen Decisiounen geholl ginn, an eben och, wéi den Alex Bodry et och scho gesot huet, eng Homogeniséierung vun den Decisiounen kënne mat sech bréngen.

Nach ee Wuert zu de Journalisten. Et gëtt effektiv dacks am Kontext vun dësem Projet vum Informatiounsougang vun der Press geschwat. Ech perséinlech sinn och net der Meenung, datt dat soll an deem heite Gesetz geregelt ginn. Dat ass e generellen Text, wou elo emol net sollten Ausname virgesi sinn, en Text, deen e Recht regelt, dat fir jiddweree gëllt.

Dat schléisst awer absolutt net aus, datt d'Journaliste musse séier an onkomplizéiert Zougang zu Informatiounen kréien, déi si fir hir Aarbecht brauchen, an och méi séier wéi bannent engem Mount. Dat ass an onsen Aen awer net am Kader vun dësem Projet ze regelen, mä, esou wéi dat och dacks am Ausland de Fall ass, am Kader vun der spezifischer Reglementatioun iwwert d'Press. Hei gëtt et eng sëllege Modeller, un deenen ee sech inspiréiere kann.

Virun allem awer muss et, wann een esou d'Echoen aus der Press héiert, einfach méi an der Praxis verankert ginn, datt d'Informatiounen séier mussen un d'Press rausgoen. Do kann dësen Text schonn hëllef bei der Mentalitéitsentwécklung, mä den Text dréit eventuell net alle Situatiounen Rechnung.

Bei all Professionaliséierungswëllen - dee jo hanner enger Circulaire Bettel stécht - vun der Kommunikatioun an de Ministèren dierf de Wëllen, esou séier wéi méiglech déi gefroten Informatioun un de Journalist, dee se fret, erauszeginn, net vernoléisseg ginn. Wann ee fir owes muss en Artikel schreiwen oder e Reportage fäerdeg maachen, dann hëllef et net ganz vill, wann ee gesot kritt, deejéinegen, deen elo kéint kommunizéieren, wien den Ament am Ausland respektiv et misst nach ee bei dräi Leit eng Informatioun nofroen, déi ee selwer kéint bei deene Leit nofroen, well déi Woch duerno ass den Artikel vläicht net méi ganz aktuell.

Dofir musse mer do wierklech e Mentalitéitswiessel bei verschiddene Leit vläicht provozéieren an einfach och de Journalisten hir Aarbecht héichrechnen. A falls dat dann net wierkt, musse mer e speziellen Auskunftsusproch fir d'Journalisten an onser Legislatioun

verankeren, deen d'Obligatioun virgesäit, de Journalisten zäitno an ausféierlech déi gefroten Informatiounen ze ginn.

Voilà! Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An den nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Ech wäert vläicht ufänken, fir niewent dem Merci un d'Madamm Beissel op zwou Diskussiounen anzegoen, déi si eigentlech mat hire Froen am Ufank vun hirem Exposé eis alleguer gestallt huet.

Déi éischt ass d'Vertrauen an de Stat. Ech sinn net der Meenung, datt d'Leit hei am Land kee Vertrauen an de Stat hätten. An dat Beispill, wat si genannt huet, d'Geheimdéngschaffär, dat wor méi e Vertrauensverloscht an de Stat, wéi en deemools fonctionnéiert huet. Et war e Vertrauensverloscht an den CSV-Stat. Dat waren d'Magouillen um Enn vun enger Period, déi e Mësstrauen an de Stat bruecht hunn, net esou an d'Institutiounen vum Stat. An de Geheimdéngscht wor och kee ganz gutt Beispill, well wann et ëm d'Geheimnisser geet, déi eben d'Sécurité de l'État betreffen, dann ass och dëst Gesetz keng Méiglechkeet, fir un déi Informatiounen erunzekommen.

Dat Zweet ass deen Dräiklang, deen d'Madamm Beissel gesot huet, an deen ass ganz interessant gewiescht, wéi d'Vertraue vum Bierger an de Stat ka gestärkt ginn.

Dat eent ass eben eng Transparenz. Iwwert déi schwätze mer elo.

Dat Zweet ass déi participativ Demokratie. An do ass d'ADR déi éischt Partei, déi mat lech komplett d'accord ass, well ech géif soen, datt mir mat eiser ganz positiver Astellung zu engem breeden Notze vum Instrument vum Referendum awer wierklech do eng exemplaresch politesch Roll spillen, andeem mer soen: „Jo, mir brauche méi participativ Demokratie a mir si fir d'Instrument vum Referendum, fir datt mer dat méi benotzen.“

An dat Drëtt ass d'Meenungsfreiheet. An do muss ech soen, si mir och als ADR resolutt fir eng Meenungsfreiheet, déi awer hei duerch dës Regierung ëmmer erëm ageschränkt gouf. Nach d'lescht Woch hu mer hei e Gesetz gestëmmt, wou erëm eng Aschränkung, eng Penalisation vum der Meenungsfreiheet stattfonnt huet an deem Sënn, datt mer d'Identitéit de genre... Wat dat och ëmmer ass! Et gëtt emol keng kloer Definitioun, wat dat kéint sinn. Et gëtt och keng wëssenschaftlech Grondlag dofir, mä dat ass penaliséiert ginn. Alt erëm eng Aschränkung vun der Meenungsfreiheet!

An et ass dat, wat och d'Vertraue vu ville Leit an de Stat ënnergriecht, well se eben net méi wëssen, ob se nach kënne soen, wat se wëllen, wéi wäit hir Freiheet nach geet. An do, mat de Referenden, mat der participativer Demokratie, mat der Meenungsfreiheet ass d'ADR derfir, datt dat déi Weeër sinn, wéi d'Vertrauen an de Stat soll gestärkt ginn.

Elo hei d'Transparenz: Mir sinn och fir Transparenz, ganz kloer! An et soll kee Stat ginn hei, keng westlech Demokratie, an deenen de Bierger iergendwéi dat Gefill huet, datt do eng „schwaarz Këscht“ géif existéieren, déi e geiéert, déi do géif maachen..., ob en d'Gesetzer anhält oder net, wat schwéier ze kontrolléiere wär.

Dat Bild vum Stat awer existéiert net! Mir hu jo och elo scho Mechanismen, fir deem entgéintzewierken. Mir hunn eng onofhängeg Justiz. Mir hunn Instrumenter wéi e Mediateur, dee jo och do ass, fir de Bierger, wa se Problemer mat enger Verwaltung hunn, entgéintzekommen an ze kucken, fir eng Léisung ze fannen.

Et ass also net esou, datt mer hei am Zeenario vun enger Blackbox sinn, mä et gëtt och elo scho Méiglechkeete vun der Transparenz, a besonnenesch an engem klengen Stat: déi kuerz Weeër, déi Proximitéit zu de Verwaltungen, soudatt mer eigentlech net déi Suerg hunn, datt mer keng Transparenz hei am Land hätten.

An trotzdem: Transparenz, jo, awer net ëm all Präis an ënner alle Konditiounen.

D'ADR setzt als éischt Konditioun - an do si mer méi streng wéi den Här Bodry - de Schutz vun der Privatsphär vun de Mënschen hei am Land. Transparenz därer net op Käschte goe vun der Verletzung vun der Privatsphär. An dee Risiko ass ginn, well och d'Commission nationale vun der Protection des données huet an hirem Avis hei geschiwwen, et wär elo all Kéiers en „examen minutieux“ néideg an et géifen „risques“ accrus „pour la vie privée“ ginn. Dat ass eng Warnung fir eis! An dofir froe mer eis, ob dat hei elo net ze wäit geet, well mer deen Interessi hunn, fir d'Leit ze schützen, och virun der Transparenz ze schützen.

Et gëtt hei komplizéiert Recoursmechanismen, déi erkläert goufe vun de Virriedner, fir dee Fall, wou et géif refuséiert gi vun enger Verwaltung, fir en Dokument opzemaachen. Et ass awer net an deem Gesetz virgesinn, fir och deem eng Recoursméiglechkeet anzeraumen am Kader vun dësem Gesetz, deen eventuell seng Interesse kéint duerch eng Verletzung vu senger Privatsphär verletzt gesinn. Deen Zeenario ass emol net virgesinn!

An et erënnert eis e bëssen un dat Archivgesetz, wat mer d'lescht Woch diskutéiert haten, wou mer jo och festgestallt hunn als ADR, datt de Risiko vun der Verletzung vun der Privatsphär praktesch mat a Kaf geholl gëtt, fir iergendwelche Transparenzprinzipien duerchsetzen. Dee Präis ass fir eis net akzeptabel.

Dat Zweet ass „ratione materiae“: Et ass schwéier nozevollzéien, firwat dann eigentlech de Mediateur, fir deen nach eng Kéier als Beispill ze nennen, deeneselwechten Transparenzregelen ënnerworf ass wéi elo zum Beispill eng aner Verwaltung. Ass de Mediateur dann net deen, dee vertrauensvoll ebe just deen Interface ass tëscht dem Bierger an de Verwaltungen, wou praktesch d'office ëmmer déi privat Komponent, déi perséinlech Komponent a sengen Aktiounen ass? En huet natierlech och aner Föntiounen, wéi d'Kontroll vun de Prisongen, wou sech d'Problematik anescht stellt.

Wat soen dann d'Chambres professionnelles, doduerch, datt vläicht och Interète vun hire Ressortissanten oder Kommunikatiounen mat de Ressortissant vum deene Chambre kënnen betraff sinn? An esou vill aner Froen: D'Cour des comptes, wou bis elo d'Chambre e privilegiéierten Accès hat, fir verschidde Saachen ze froen, wéi wäit geet dat? D'Madamm Adehm hat an hirem Exposé d'Fro vun de Baugeneemegungen op de Gemengen opgeworf an esou weider. Alles dat si pertinent Froen, soudatt mer eis och froen: Ass genuch geduecht ginn un déi Risiken, un déi Verwécklungen, un déi extensiv Interpretatiounen, déi kënnen duerch dëst Gesetz opgemaach ginn? Och hei denke mir, datt net wäit genuch geduecht gouf, a mir sinn do virsichteg.

Dat Drëtt ass: Wat ass iwwerhaapt eng „activité administrative“? D'Madamm Tanson huet sech hei op franséisch Texter beruff, déi mech net iwwerzeegen. Wat ass eng Activité administrative? Zum Beispill, wann eng Prüfung verbessert gëtt - ech fänke mat engem banale Beispill un -, ass dat eng Activité pédagogique oder ass dat eng Activité administrative? Wat sinn d'Konsequenzen? Wat ass en Document de réflexion? Wat ass eng Etüd?

Wann e Ministère an enger ganz sensibeler Matière eng Reflexioun mécht, huele mer emol d'Santé, déi ass net hei tel quel an den Ausname vun der Diskretioun festgehalten: Et kommen e puer Leit zesummen a maachen eng Reflexioun iwwer eng bestëmmte Situatioun. An déi Direkteren oder déi Beamten, déi do sëtzen, déi wësse genee, datt dat eng ganz sensibel Fro ass, déi besser net an d'ëffentlechkeet kënnt, aus enger Rei vun Ursaachen. Ass dat administrativ? Ass dat Reflexioun? Wat ass dat genee?

A wat ass d'Konsequenz op d'administrativ Praxis, wann esou Matière diskutéiert ginn? An dat kënnt ëmmer erëm vir an der Praxis vun engem Stat, am Liewe vun engem Stat, datt eng Rei vu Verantwortungsprinzipien d'Handele vun de Beamte mussen inspiréieren. Ass dann net d'Resultat, datt vläicht keng Pièce gemaach ginn doriwuer, keng Comptes-rendue méi verfaast ginn, well déi Leit aus dem Verantwortunggefill fir dat Gemengwuel zur Konkusioun kommen, datt et besser ass, Verschiddenes net méi festzehalen? All déi Froe stelle sech.

Wéini ass en Dokument élaboré oder „achevé“? Well déi, déi dat net sinn, kënnen net publizéiert ginn. Mir haten hei grouss Diskussiounen beim TTIP, beim CETA - gutt, datt ass elo Aussepolitik, mä just fir et als Beispill ze nennen -, do ass souguer gefrot ginn, fir en Accès ze hunn op Dokumenter en cours de négociation. An et wor e grouse politeschen Drock do, fir Dokumenter opzeleeën, déi net élaboré, net achevé waren.

Also alles dat ass komplizéiert. An ech mengen, datt de Guide, deen d'Beamten an och de Stat soll féieren, natierlech de Wonsch no Transparenz soll sinn, nom Vertraue vum Bierger, awer eben och d'Allgemengwuel, d'Allgemenggutt, d'allgemeng Sécherheet, a fir dat Ganzt ze geréieren - ech wëll deen Ausdruck hei benotzen -: „en bon père de famille“, mä op jidde Fall an engem gutt verstanene Verantwortunggefill. Dat léisst sech net an Terme vun engem Gesetz kloer beschreiwen. Dat ass eng Saach vun der Onméiglechkeet.

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

D'Commission d'accès aux documents, déi ass och hei kritiséiert ginn. An et ass am Gesetz net



agaange ginn op déi Kriticken, déi den Tribunal administratif gesot huet, well et ass jo den Tribunal, dee saiséiert gëtt, fir de Recours en réformation ze maachen. An et ass awer net onméiglech no den Terme vum Gesetz, datt ebe just e Magistrat vum Tribunal administratif déi Kommissioun soll presidéieren. Dovunner ofgesinn denke mir, datt et net onbedéngt néideg wär, datt e Magistrat déi Kommissioun presidéiert. Dat ass erëm esou eng Tendenz, déi eben esou hei ass. Mä en anere Beamten hätt dat och kënne maachen, zemoos, well hei den Tribunal administratif ervirgestrach huet, et wär eng Gefor fir déi strukturell Impartialitéit. Et ass de President, mengen ech, vum Tribunal administratif selwer, den dat geschriwwen hat.

Wa mer also den Text hei kucken - fir zur Konklusioun ze kommen -, da soe mer: „Den Usaz ass richteg.“ Et ass gutt, wann de Stat probéiert, esou transparent wéi méiglech ze handelen. Et ass richteg, datt dat Vertrauensverhältnis tëschent dem Bierger an dem Stat soll oppe sinn a konstruktiv gehandhabt ginn. Awer de Präis an deem Gesetz, déi Onpräzisiounen, de Präis fir déi perséinlech Donnéeën, fir d'Sécherheet vum Bierger, d'Onzouverlässigkeet, de vage Charakter vun Definitionen an Zoustännegkeete loosse eis zu där Konklusioun kommen, datt dat heite Gesetz onräif ass, fir engem Parlament virgeluecht ze ginn.

An an deem Zoustand kënne mir et net matstëmmen. Mir wäerten eis enthalen. Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Ganz gutt!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - De leschten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Bon, jo, mir sinn endlech souwäit, Lëtzebuerg kritt dann e Gesetz, wat an der Theorie - an der Theorie, aver vläicht net am Esprit - soll de Bierger d'Saach vereinfachen, fir op jidde Fall en Accès ze kréien op Informatiounen. Ech hunn „Informatiounen“ gesot, an do hunn ech schonn den éischte Feeler gemaach, well a Wierklechkeet steet am Dokument, datt et ëm Dokumenter geet. An doriwwer diskutéiere mer nach herno, an dat hunn och Virriedner viru mir scho gesot.

Här President, dat Gesetz, ech mengen net, datt et e Fortschrëtt ass. An et stellt sech souguer d'Fro - de Status quo ass net gutt -, mä wann dat Gesetz ugeholl gëtt: Ass et eng Verbesserung oder eng Verschlimmbesserung? De Mouvement écologique seet zu Recht, datt et eng Verschlimmbesserung wier.

An ech mengen, souguer d'Auteurs - op jidde Fall d'Koalitioun - si sech däers och bewosst, well ech hu bis elo zwee Vertrieder vun der Majoritéit héiere schwätzen, a si soen: „Jo, mä da wäerte mer mat Jurisprudenz fueren!“ Dat heescht grosso modo - ech weess, datt oft Jurisprudenzen no Gesetzer kommen, dat ass jo normal -, datt do bei fundamentale Froen den troisième Pouvoir duerno wäert d'Aarbecht vum éischte Pouvoir iwwerhuelen, well mir net capabel waren, Saache kloer ze definéieren. A wa gesot gëtt, et wier schwéier, esou Saachen ze definéieren: Ben, et gi Länner, vill Länner, déi et definéiert hunn, Däitschland zum Beispill.

Ech hu leider net genuch Zäit, well et gëtt viles ze soen. An ech muss och soen, et si vill Propose gemaach ginn, och vun der Société civile, op déi net richtig agaange ginn ass, wat scho symptomatesch ass fir esou e Gesetz.

Et ass natierlech och kee Gesetz fir d'Journalisten. Dorobber kommen ech och nach zrëck, well et wier méiglech gewiescht, eppes do ze änneren.

Här President, ech wollt dann e puer Beispiller ginn.

Natierlech fänkt et schonn u mat der Terminologie. D'Gesetz schwätzt vun Dokumenter am-plaz vun Informatiounen. Dat däitscht Gesetz schwätzt vun engem „Informationsgesetz“ a si ginn och dovunner aus, datt et en Droit à l'information gëtt, an net just, esou wéi mir soen, „d'accès aux documents“. A si definéieren dat och.

De Prinzip, de Geescht vum Gesetz misst jo dee sinn, datt d'Bierger dann och e verbréifent Recht op Informatioun hunn an datt d'Verwaltung verpflichtet ass, déi Informatiounen ze ginn op eng einfach Aart a Weis. Et geet net drëms, an dat fuerdert och guer keen, an och net de Mouvement écologique, datt ee weess, wéi et ausgesäit bannen am Appartement, wéi d'Pläng ausgesinn, fir kënnen do anzubrieche. Dorëms geet et net, well dat wëllt jo och keen, dat wënscht sech jo och keen. Et geet a Wierklechkeet drëms, de Bierger nach méi Kontrollmoyenen ze ginn, fir éischens hir Regierungen ze kontrolléieren - dat ass wichteg! - an zweetens, och fir grouss Betriber a Multien ze kontrolléieren.

Et muss een elo d'Saach ganz kloer nennen! Well mir wësse ganz genee, wourëms et geet, a mir wësse ganz genee, datt och um europäeschen Niveau Saachen amgaange sinn ze lafen. Ech zitieren zum Beispill de Secret des affaires, den et de Bierger an de Journalisten ëmmer méi schwéier mécht, fir iwwerhaupt Betriber - a grouss Betriber, net den Epicier natierlech, mä grouss Betriber a wéi se u sech ëmmer méi obskur kënne fonctionnéieren.

Dofir brauche mer eng gutt Legislatioun, fir d'Bierger méi mächtig ze maachen an d'Journalisten natierlech och. Ech mengen, et muss och kloer sinn, wou een eng Informatioun kritt, an net méi komplizéiert. An elo schonn, wann een op den Internet geet, op e Site vun engem Ministère, ass et emol net ëmmer einfach, den Annuaire ze fannen, an da weess een nach net onbedéngt, wéi fir wat zoustänneg ass. Ech hunn nach ëmmer net verstanen, firwat dat am Joer 2018 net méiglech ass, franchement!

An da muss d'Administratioun och eng proaktiv Roll hunn an als Reflex hunn, Informatiounen matzedeele, well de Problem ass: Et kann ee jo och heiansdo als Bierger net selwer wëssen, wat relevant ass. Et kann ee jo net erahnen, datt et Informatiounen gëtt, déi relevant sinn. An dat gëtt an deem Projet de loi net seriö virgesinn. Éischstens, et geet jo och ëm den Accès op Informatiounen an et gëtt nëmme vun Dokumenter geschwat.

En anere Problem ass den, datt muss eng Demande écrite gemaach ginn, quitta mat engem Formulaire. Mä et misst och vill méi doriwwer erausgoen, well do limitéiere mer schonn den Accès. Et gi Leit, déi sech net onbedéngt esou gutt am Schrëttchen auskennen an och net präzis kënnen eng Demande maachen. Et gëtt quasi erëm e bësse méi vun de Leit gefuerdert wéi vun den Administratiounen.

Et gëtt een den Androck net lass, datt d'Regierung einfach der Bevölkerung net traue a sech méi domadder beschäftegt, wat alles net accessibel ass. An do läit d'Kromm an der Heck, well schonn den éischten Artikel eng ganz Rëtsch vun Dokumenter ausschléisst. Do ginn et der, wou et natierlech akzeptabel ass, wéi zum Beispill beim Respekt vum Privatlewen, do ass kee Problem. Mä anerer sinn och ganz problematesch, déi natierlech erëm eng Kéier déi ekonomesch a fiskal Interessen do ausschléissen, an dat ass ganz generell.

Oder et stellt een och fest, datt zwou Gewalten ausgeschloss sinn, méi protégéiert sinn, dat ass d'Exekutiv, also d'Regierung, an d'Judikativ. Mir, d'Legislativ, mir ginn zu Recht net ausgeschloss. Mä ech mengen, do gëtt et awer e reelle Problem, datt déi ausgeschloss ginn. An natierlech sinn déi Formulatiounen ze vag an dat versteist géint d'Recommandatiounen vum Europarat. Dee seet, grad an esou enger Matière misst präzis legiféréiert ginn, wéi déi meescht Länner dat och gemaach hunn. Anscheinend si mir déi Eenzeg, déi incapabel sinn, dat ze maachen!

Op den éischte Bléck gëtt et dann och esou Saachen, wou ee kéint soen, an dat huet d'Madamm Tanson och gesot: „Jo, dat kéint een akzeptéieren, mä et ass awer problematesch!“, wéi zum Beispill d'Relations extérieures, den Ordre public oder d'Sécurité du Grand-Duché. Dat ass schéin a gutt, mä wie beschléisst, wat relevant ass a weini den Ordre public oder d'Sécurité nationale oder d'Relations extérieures tangéiert ginn? Dat ka ganz wäit ausgeluecht ginn.

De Problem, wann et wäit ausgeluecht gëtt, ass jo och den, datt dat de Beamten et net extra einfach wäert maachen, wann d'Saachen net präzis ausformuléiert sinn. Well herno, wat riskéiert ze geschéien? E Beamten, dee riskéiert vläicht, sech selwer nach méi ze limitéieren aus Angscht, e Feeler ze maachen an ze wäit ze goen. Dat ass de Problem.

Mä et geet nach méi wäit. Et gi jo nach weider Ausschlëss, wou gesot gëtt, weini eng Verwaltung en Dokument ka verweigere. Dat ass, wann et „en cours d'élaboration“ ass. Dat ass jo awer och ee Problem, well et muss een awer och kënnen eng Kontrollinstanz hu fir dat, wat geschitt en cours d'élaboration.

Dat ass och, wann eng Demande jugée „répétitive“ ou „abusive“ ass. Ech géif awer gäre wëssen, an dat ass eng Fro, Här President, un den zoustännege Minister, wat dorënner verstane gëtt. Ech hoffen, datt do awer e bësse méi konkret gesot gëtt, wat dorënner verstane gëtt, well ech mengen, wa mer fäerdeg sinn, gëtt quasi guer näischt méi kommunizéiert.

Et kann een natierlech och e Recours maachen. Dat dauert ganz laang. An deemno wéi, wann een déi verschidde Recourse mécht, kann et iwwer e Joer daueren, wann een och nach bei den Tribunal administratif geet.

An da kënnt och nach d'Notioun, déi heescht „sans charge administrative excessive“, wann

et drëms geet, eng Disjonctioun ze maache bei engem Dokument, wou zum Beispill eng perséinlech Appreciatioun drasteet. Dat muss een natierlech ewechhuelen. „Sans charge administrative excessive“, mir haten doriwwer an der Kommissioun rieds, ech géif gär vum Här Minister wëssen, wat dat genee heescht.

Wahrscheinlech wäert den Tribunal administratif erëm domadder beschäftegt sinn. Et deet mer scho leed fir d'Riichter. Mir ginn hinne vill ze vill Aarbecht, respektiv dës Koalitioun gëtt hinnen erëm eng Kéier Aarbecht um Enn vum Joer.

Här President, an enger Entrevue mam Presse-rot... An dat war schwéier, fir de Presserot och kënnen anzulueden! Well heiansdo, fir iwwerhaupt an enger Kommissioun mat der Zivilgesellschaft kënnen eng Entrevue ze hunn, datt ass en anere Problem! Ech hat se e puermol gefrot: „Kommt, mir gesinn de Presserot!“ Wat huet ee missen do fir eng...

(Interruption)

Also mech erschreckt dat! Datt an der Chamber gesot gëtt: „Oh, wa mer ufänken, Entrevuen ze hu mat deem oder mat deem, gëtt dat duerno eng Systematik.“ Mä et soll eng Systematik ginn! Et soll eng Systematik ginn.

(Brouhaha)

An duerno gouf am Presserot och gesot zu de Journalisten: „Ah jo, mä Dir musst och e bëssen d'Interesse vun de Patronen a vun den Entreprises verstoen!“ Dat ass e bëssen den Esprit vun den Auteurs vun deem Gesetz. Do hunn d'Journalisten awer e bësse komesch dragekuckt. An anere Regimmer hätt ee gesot: „Dir musst oppassen op d'Interesse vun der Partei!“ Ech weess net, mä bon!

An da si mer bei de Journalisten, déi kréien natierlech kee spezifesch Gesetz, den Zuch ass elo fort! De Kommunikationsminister hat fënnef Joer, fir dat ze maachen, an huet et net gemaach. Elo si Leit aus der Koalitioun, déi soen: „Oh, et wier gutt, et ze maachen.“ Dir hutt nach Zäit, maacht et! De Presserot huet eppes schwartz op wäiss geschriwwen, dat läit schonn do zënter Längerem. Et brauch een et just ze iwwerhuelen oder ze amendéieren. Et muss een net alles zu 100% iwwerhuelen. Et läit do, huet et, maacht et! Dir hutt fënnef Joer laang näischt gemaach, well Dir fënnef Joer laang näischt wollt maachen!

An et muss ee soen: Dat, wat de Presserot proposéiert, dat gëtt et an anere Länner, dat gëtt et an immens ville Länner. Ech zielen lech se op: Frankräich, Belsch, Holland, Italien, Spuenien, Portugal, Griichenland, Groussbritannien, Irland, Dänemark, Schweden, Finnland, an Däitschland natierlech och. Mir sinn net um Niveau, wat d'Rechter vun de Journalisten ugeet, vu westeuropäesche Länner. Vun zentral-europäesche Länner vläicht, do si mer nach gutt am Verglach mat deenen, mä net vu westeuropäesche Länner. Maacht et, et läit do schwartz op wäiss, Dir kënnt dat iwwerhuelen!

Dofir och meng Fro un de Kommunikationsminister: Firwat huet hien do net agéiert? Ass hien der Meenung, datt dat keng gutt Annerung ass? Ass hien der Meenung, datt mer d'Rechter vun de Journalisten hei zu Lëtzebuerg net solle verbessern?

Op jidde Fall, mat all deene Bedenken - mir duechten ee Moment, et kéint ee sech enthalen, mä ech mengen, d'Verschlimmbesserung ass dran - wäerte mir géint dese Projet de loi stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Mir sinn domat um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet de Premier a Statsminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, als Introductioun erlaabt mer, zwee Mercien ze soen: den éischten, dass mer haut dësen Text kënnen an der Chamber zur Ofstëmmung huelen, an den zweeten un d'Madamm Beissel fir hire Rapport, den Historique. Ganz oft fret ee sech, vu wou ee kënnt, an et gesäit ee Gott sei Dank d'Evolutioun vun engem Stat. Mir haten nach vill Saachen, déi no Evolutioun gefrot hunn, an ech si frou, dass dat heiten ee vun deene Punkten ass - wéi déi honorabel Madamm Tanson gesot huet -, wou mer hannendru waren. Mir si keng „lanterne rouge“, wann ech dat dierf soen! Mir sinn och net am Peloton de tête an deem doten Text, mä et ass Zäit ginn, dass mer et gemaach hunn.

Den Text - an ech mengen, Här President, all Virriedner huet et scho gesot - huet e laange Wee hannert sech. Et ass jo net, wéi wann den Text nach ni beschwat gi wär, an et sinn och scho Virgänger, déi probéiert hunn, Propositionen auszeschaffen a Projeten ze maachen. Ech kréien hei vun deene Lénken, Här President, virgeworf, ech hätt fënnef Joer laang

Zäit gehat, fir den Text iwwert d'Press spezi-fesch ze maachen. Ech wëll just déi Lénk drun erënnere, dass si och fënnef Joer laang Zäit haten, fir eng Proposition de loi auszeschaffen an hei ze deposéieren.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Mir hunn der zwou gemaach. Mir hunn der zwou gemaach an Dir hutt se ni behandelt! Well Dir eis net respektéiert! Dat wollt ech och soen!

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - D'Gesetz iwwert d'Administration transparente...

(Brouhaha et interruptions)

D'Gesetz iwwert d'Administration transparente et ouverte, dat dobaussen och vill fir Diskussiounen gesuergt huet, ass virun allem vun der Press diskutéiert ginn, an net just, well et e wichtege Text ass, den och e groussen Afloss huet op d'Relatioun tëschent dem Statsapparat a senge Bierger. Et ass, ech hunn et virdru scho gesot, e Paradigmewissel, well mir kréien am Fong e Recht, dat verankert gëtt. A fir mech gehéiert dat och zu engem wichtege Deel vun enger Demokratie.

Dat heescht awer net, dass mer elo nach ni Rechter gehat hätten op Informatiounen. Dat wier wierklech falsch. A mir wëssen och, dass et eng Rëtsch vu Verwaltungen an Institutiounen gëtt, déi schon eng laang Praxis hunn, déi den Accès schonn erlaabt hunn an och Efforten an der Transparenz gemaach hunn. Et sinn informell duerch Reglementer och verschidde Méiglechkeete ginn, an ech wëll elo net nach eng Kéier - wéi d'Rapportrice, d'Madamm Beissel, oder den Här Bodry et scho gesot hunn - op all déi Texter agoen, déi et awer schonn déi lescht Jorzéngten erméiglecht hunn, dass et en Accès ginn ass zu Dokumenter.

Mä et ass fir d'Éischt, wou mer e generellen Text kréien, e generellen Text fir all administrativ Dokumenter. Déi ëffentlech Hand geet an eng nei Ära vum Zougang op Informatiounen a wäert zesammen eng Kultur vun Transparenz vun Informatiounen fërden an an d'Praxis ëmsetzen. A mir wäerten déi néideg Moyenen zur Verfügung stellen, fir dass et och ka fonctionnéieren.

Et gëtt d'office publizéiert an esou och informéiert, wat nei ass. Et gëtt net just op Demande publizéiert, et gëtt prinzipiell publizéiert. Mä de Bierger kritt och d'Recht, fir déi Dokumenter kënnen ze froen. A virun allem, déi perséinlech Donnéeën, déi sollen och perséinlech blieden. Hei ass jo e bësse vun deem engen a vun deem anere gesot ginn, mat deene perséinlechen Donnéeën wier een e glesene Bierger, dee gefrot gëtt. Duerfir hu mer jo déi Garde-fouen dragesat, déi fir eis wichtege sinn.

Mä d'Transparenz gëtt et net nëmme fir de Stat, Här President, mä och fir d'Administration a fir d'Servicer vum Stat, fir d'Gemengen, fir d'Gemengesyndikater, d'ëffentlech Etablissementer, d'Chamber, de Statsrot, de Mediateur, de Rechnungshaff an d'Beruffskummeren. Dat ass jo ee Punkt, dee vun der Riednerin vun der CSV ervirgehewe ginn ass, dass de Spektrum méi large ass, a mir mengen, dass dat och wichteg ass. Souguer Gesellschaften, déi en ëffentlechen Dëngscht leeschten, kréien dës nei Obligatiounen, a mir mengen, dass dat doten och wichteg ass.

Da wéilt ech nach eng Fro uschwätzen, déi ech virdru schonn ervirgehewen hunn, déi hei eng Rëtsch vu Leit zitéiert hunn, dat ass déi vum separate Paragraf fir d'Journalisten. Hei geet et ëm en Droit général. Hei geet et ëm en Droit général an ech kann lech soen: All Joers am Januar ginn ech drop ugeschwat, wann d'Neijoersdagswënsch si vun der Press, wou ech da gesot kréien, wéi et dann elo weider géif goen.

Deen Text, dee mer haut stëmmen, ass en Text, dee fir all Bierger ass an och fir d'Press. An dat ass dat, wat wichteg ass. Mä de Problem, dee sech am Fong fir d'Press stellt, ass dee vun der Vitesse, an et ass den, dee se eis virwerfen: „Jo, mir brauchen d'Informatioun awer rapid. Mir hunn en Devoir d'information général, an dowéinst ass et bei eis méi e Problem vun der Vitesse, fir séier un Informatiounen ze kommen.“ An déi Beispiller, déi ech gesot kritt hunn, si ganz oft net beim Investigativen, mä am Fong, fir d'Informatioun kënne séier eriwuerzegt bei Accidenter, bei Strofdoten, wou se da ganz oft d'Gefill hunn, dass se vun där enger oder anerer Administratioun déi Informatioun net direkt kréien. An déi Rapiditéit kréie mer och mat engem Informationszougangsgesetz net geregelt. Ech mengen, hei sinn éischter technesch oder organisationell Problemer.



A bei méi laange Recherchen - well dat dote war jo elo éischter de Fall bei rapide Fait-diversen - musse mer en anere Wee fannen, fir de Journalisten hir Aarbecht ze erméiglechen an och ze erlichteren. Et kann een do iwwer eng Reform vun interne Prozeduren op Administratiounssäit eventuell schonn e ganzen Deel verbessern.

Mir hunn e leschte Punkt, dee wichteg ass, an dat ass och ervirgehuewe ginn, dat ass déi nei Kommissioun. Déi ass wichteg. An Här Bodry, fir direkt op Är Fro ze äntworten: Jo, et ass keng Condition préalable, fir op d'Gericht ze goen, et ass eng Fakultéit. Um Tribunal administratif ass et en Affekot, deen do de Gros vun der Zäit schafft. Hei ass eng Kommissioun, wou ee keen Affekot brauch. An ech mengen, dass et wichteg ass, dass mer esou eng Saisine erméiglechen, ouni dat ze maachen.

D'Madamm Adehm huet och vun der Belsch geschwat a gesot, an der Belsch wier et zimlech komplizéiert. Ech wëll just drun erënneren, dass an der Belsch siwe Parlamenter sinn a sechs Regierungen. Dat heescht, fir dass de Bierger scho weess, wie sech ëm wat këmmert, do gleewen ech, dass den administrativen Deel net grad deen einfachsten ass.

An da muss ech awer op eng Kontradiktioun agoen, déi d'Madamm Adehm soulevéiert huet iwwert d'Beamten. Ech wëll dat hei soen, an ech soen net haut de Beamte fir d'Éischt Merci. Ech hätt déi lescht fënnf Joer net kënne d'Aarbecht als Premierminister erleedegen, wann ech net eng devouéiert Fonctioun publike hätt, déi wierklech mat all deenen Texter - well et ass jo wierklech e Rekord un Texter, déi an dëser Legislatur gestëmmt gi sinn - och dee Wee matgaangen ass, fir d'Preparatioun an duerno och d'Applikatioun vun deenen Texter kënne ze maachen. Dat heescht, dem staatlechen Apparat wëll ech mer haut erlaben, en extrae Merci ze soen, well ech mengen, dass et keng Gesetzzer géif ginn, wa mer net op en effikasse Stat kéinten zrëckgräifen.

Mä hei ass op där enger Säit gesot ginn, dass am Fong déi dote Missioun bal eng Mission impossible wäert ginn a ganz schwéier fir de Stat. Op där anerer Säit gëtt awer de Virwurf gemaach, dass mer net de ganzen Arrière vun administrativen Texter vun deene leschten 10 oder 15 oder 20 Joer och nach - och nach! - géifen accessibel maachen. Dat heescht, et ass e bëssen dat eent an dat anert. Op där enger Säit seet een, dass et ganz schwéier wäert ginn; an tatsächlech wäert et och net einfach ginn. Mä op där anerer Säit seet een, dass een hätt solle vill méi wäit goen a vill méi zrëck an der Zäit goen; a gleeft mer, dat wier a mengen Ae ganz, ganz schwierig gewiescht.

Dowéinst mengen ech, dass mer hei en Equilibre fonnt hunn. An et ass vu verschiddene Säite gesot ginn - deem enge geet et ze wäit, deem anere geet et net wäit genuch. Genue déi Analys fannt Der och an den Avisen! Deen een Avis seet: „Et geet net wäit genuch!“ Deen aneren Avis seet: „Et geet scho bal ze wäit!“ An dowéinst menge mer, dass mer an deem heiten Text eng equilibréiert Positioun fonnt hunn.

Ech wëll just soen, Här President, well hei gemaach ginn ass, wéi wann d'Regierung elo deen doten Text just virun de Wähle wëllt stëmme loossen: Mir hunn en am Mee 2015 deposéiert, am Mee 2015! Ech si frou, dass en elo am Juli 2018 ka gestëmmt ginn. Mä da kann een net hei de Virwurf gemaach kréien, dass et ze laang gedauert hätt!

An ech muss lech och soen: Et ass ganz vill Aarbecht an der Kommissioun gemaach ginn ënnert der Leedung vun der Présidente-Rapportrice Beissel, ganz vill Aarbecht! Et ass mat Leit geschwat ginn, et sinn Echange gemaach ginn. An och wann den Text e bësse méi laang an der Chamber an an der Kommissioun diskutéiert ginn ass, ass en duerfir net méi schlecht ginn, au contraire. An dat soll een ervirsträichen an duerfir och den Deputéierte Merci soen, déi un der Elaboratioun vun deem finalen Text, deen lech haut zum Vott steet, geschafft hunn. An duerfir wëll ech och deenen Deputéierte Merci soen, déi d'Zoustëmmung zu dësem Projet de loi wäerte bréngen, well fir eis ass et en Text, deen an déi richteg Richtung geet.

Ech hunn dës le départ och scho gesot - well Dir schwätzt déi ganzen Zäit vun der „Circulaire Bettel“, déi lescht wor jo dann eng „Circulaire Santer“ an dertëscht war jo schonn e gewëssene Sputt -, dass ech selbstverständlech bereet sinn, mech och mat deene Leit zesummenzesetzen, fir ze kucken, wéi mer kënne Verbesserung maachen. Mä et ass net den Text, deen déi Verbesserung bréngt, an duerfir

hei en Appell un all déi concernéiert Leit, un all d'Administratiounen, well dat sinn all déi Akteuren, déi et méiglech maachen, dass d'Transparenz eng Realitéit gëtt an net nëmme eng Theorie um Pabeier.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An ech mengen, dass mer elo prett sinn, fir iwwert de Projet ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6810 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

55-mol Jo, 2-mol Nee, 3 Abstentiounen. Domat ass de Projet ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Taina Bofferding), Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par Mme Josée Lorsché).

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir kommen zum nächste Projet, dem Projet 7220. An d'Madamm Rapportrice Sam Tanson ass scho prett. Si huet direkt d'Wuert.

6. 7220 - Projet de loi portant modification

1° du Code pénal;

2° du Code de procédure pénale;

3° du Nouveau Code de procédure civile;

4° de la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne;

5° de la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie;

6° de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

7° de la loi modifiée du 17 mars 1992 portant 1. approbation de la Convention des Nations Unies contre le trafic illicite de stupéfiants et de substances psychotropes, faite à Vienne, le 20 décembre 1988; 2. modifiant et complétant la loi du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie; 3. modifiant et complétant certaines dispositions du Code d'instruction criminelle;

8° de la loi modifiée du 14 juin 2001 portant 1. approbation de la Convention du Conseil de l'Europe relative au blanchiment, au dépistage, à la saisie et à la confiscation des produits du crime, faite à Strasbourg, le 8 novembre 1990; 2. modification de certaines dispositions du Code pénal; 3. modification de la loi du 17 mars 1992 1. portant approbation de la Convention des Nations Unies contre

le trafic illicite de stupéfiants et de substances psychotropes, faite à Vienne, le 20 décembre 1988; 2. modifiant et complétant la loi du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie; 3. modifiant et complétant certaines dispositions du Code d'instruction criminelle,

en vue d'adapter le régime de confiscation

Rapport de la Commission juridique

► **Mme Sam Tanson (déi gréng), rapportrice.**- Merci, Här President. Am Projet, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ginn d'Dispositiounen iwwert d'Confiscatioun am Code pénal ëmgeännert a verschidden Dispositiounen vun der Direktiv 2014/42/UE iwwert de Gel an d'Confiscatioun vun den Instrumenter vu Verbiechen an der EU ëmgasat.

Den Objet vun dëser Direktiv war et haapt-sächlech, d'Confiscatioun an de Memberstaten ze vereinfachen, grad wéi de Recouvrement vun de Gewënner, déi aus der internationaler Kriminalitéit gezu ginn. Déi eenzel national Regimier sollten am Beräich vum Afréieren an der Confiscatioun ugepasst ginn, fir esou d'Effektivitéit vun der grenziwwerschreidender Kooperations ze verstärken.

Den Text, iwwert dee mer haut ofstëmmen, hëlleft also, déi national Prioritéit, fir géint wirtschaftlech a finanziell Kriminalitéit virzegoen, besser ze realiséieren. An der Kommissioun krute mer dat och vusäite vum Parquet confirméiert: Déi effikasse Strofe bei der Wirtschafts-kriminalitéit sinn duerch Sanktiounen um Niveau vum Profit ze errechen, eben duerch de Gel an d'Beschlagnamung, schonn eleng nëmme dowéinst, well d'Enquêtes dacks ganz komplex sinn a laang daueren an et dacks schwierig ass, d'Beweisketten eendeitig duerzeleeën, zemoos, well haut d'Fongen einfach a séier kënne international transferéiert ginn an esou riskéieren ze verschwannen, ier e Prozess op en Enn bruecht gëtt.

Déi gréisst Innovatioun vun dësem Projet ass et, datt elo eng erweidert Confiscatioun vun de Produite vu schwéiere Strofdote virgesinn ass. Dëst erlaabt engem Geriicht an Zukunft, d'Biene vun engem Veruerteelten ze confiscuéieren, ouni datt en direkte Beweis muss erbruecht ginn, datt déi confiscuéiert Bienen eng kriminell Originn hunn. Dat ass den neie Punkt 5 vum Paragraf 2 vum Artikel 31 vum Code pénal.

Dëse gouf och no enger Opposition formelle am Avis vum Statsrot vum 29. Mee vun dësem Joer ugepasst. Wann de Veruerteelte Biene besëtzt - den Artikel schwätzt vun «biens de toute nature, corporels ou incorporels, meubles ou immeubles» -, voire wann en dës zu senger fräier Verfügung huet a weder hien oder, an dësem leschte Fall vun der Dispositioun, de Propriétaire kann erklären, wou se hierkommen, kënne dës beschlagnaamt ginn.

Am Fall wou e Veruerteelten nëmme iwwert dës Gidder verfüügt, spillt d'Confiscatioun natierlech net, wann de Besëtzer - de richteg Besëtzer - „de bonne foi“ ass. Am ursprénglechen Text war ënner anere virgesinn, datt déi Dispositioun nëmme bei enger Strof vun op d'mannst véier Joer géif spillen. Dat gouf no der Opposition formelle vum Statsrot gestrach.

Dësen Text dréit also och dem Considerant 19 vun der Direktiv, déi heimat ëmgasat gëtt, Rechnung, deem Artikel, dee virgesäit, datt och zousätzlech Gidder, net just déi, déi en Verbieche gebonne sinn, kënne beschlagnaamt ginn.

Äänlech Dispositiounen gëtt et och bei eisen Nopere. Den Text ass hei staark inspiréiert um Artikel 131-21 Alinea 5 vum franséische Code pénal. Am selwechte Kontext ze gesinn ass och den neien Artikel 324quater vum Code pénal. Dee gesäit eng nei Infraktioun vir, an zwar déi vun der Netjustifikatioun vu Ressourcen: Wann eng Persoun net déi néideg offiziell Ressourcen huet, fir hiren Train de vie ze erklären, oder net kann erklären, wou de Besëtzer vun eppes hierkennt, a gläichzäiteg geleeft Kontakt mat enger oder méi Persounen huet, déi kriminell Aktivitéiten hunn, ka se sech strofbar maachen.

Et ass also dann un de Persounen, déi am Besëtzer vun eppes sinn, ze beweisen, datt se dëse Besëtzer op eng legal Aart a Weis kruten. De Parquet fir säin Deel muss beleeden, datt d'Persoun Kontakt mat esou Persounen huet an datt et eng Disproportiou gëtt tëschent dem Liewensstil an den offizielle Ressourcen.

Bestrooft gëtt awer och de Fait, wann een engem et erméiglecht, fiktiv Ressourcen ze beleeden, zum Beispill wann een eng fiktiv Fiche de salaire ausstellt oder eng fiktiv Rechnung.

Wisou dës Dispositiounen an d'Ausweidung op Gidder, déi de Veruerteelten net selwer besëtzt? Ma fir ze verënnern, datt eng Insolubilitéit zum Beispill organiséiert gëtt an een am Numm vun engem Liewenspartner, engem Familienmember oder enger Personne morale Biene keeft mam Produit vun enger Strofdot, ouni awer datt dëst eendeitig nozevollzéien ass. Et geet drëms, de komplexe kriminelle finanztechnesch Méttel op eng effikass Aart a Weis entgéintzewierken.

Am ursprénglechen Text war och virgesinn, datt eng Dispositioun, déi mer haut scho kennen, op all d'Infraktiounen ausgeweit géif ginn, nämlech déi, datt d'Confiscatioun, eng Dispositioun, déi bis ewell just en matière de blanchiment spillt, och ka gesprach ginn, wann de Veruerteelte fräigesprach gëtt, well et eng Verjüngung gëtt oder eng Exemption de peine. Dat hätt bedeit, datt, och wann e Geriicht net genuch Beweiser gehat hätt an also eng Persoun fräigesprach gi wier, de Besëtzer hätt kënne beschlagnaamt ginn, an zwar net just en matière de blanchiment, wéi mer et haut schonn hunn, mä generaliséiert bei all Verbiechen an Delikt, dat ënnert de Regim vum der Confiscation spéciale fällt.

Wéi gesot, mir hu schonn esou eng Dispositioun an eisem haitege Code pénal, déi en matière de blanchiment spillt. Si gouf agefouert duerch e Gesetz vum 14. Juni 2001, wou den Här Mosar Rapporteur war, an ëmmer nees duerch nei Texter erëmgehall, notamment en Text vum 27. Oktober 2010.

Mir hunn awer an der Kommissioun op Nofro hi confirméiert kritt, datt dësen Text eigentlech net weider applizéiert géif ginn. An de Statsrot grad wéi och d'Cour supérieure de justice hate sech an hirem Avis ganz reservéiert vis-à-vis vun dëser Dispositioun gewisen, also vun enger genereller Ausweidung, a mir hunn decidéiert, dës Generalisatioun erauszehuelen, quitte eben datt mer se scho kenne fir de Blanchiment an de Blanchiment jo méttlerweil vun esou villen Infraktiounen och beträff ass, datt also ganz vill Infraktiounen couvréiert sinn.

Den Artikel 31. (3) iwwerhëlt also elo just den aktuellen Artikel 32. (1). Et bleift also bei deem, wat mer kennen. Den neien Artikel 32 vum Code pénal regelt d'Rechter vun drëtten Persounen, sief et d'Affer vun der Infraktioun oder all aner Persoun de bonne foie, déi e Recht op déi beschlagnaamt Bienen huet.

No enger Opposition formelle - och hei - vum Statsrot gouf eng Dispositioun, an där et drëms goug, de Konflikt tëschent enger strofrectlecher Saisie, déi zu enger Confiscatioun géif féieren, an enger ziviller Saisie ze regelen, andeems déi éischt priméiere géif, gestrach. Amplaz gouf am Artikel 66 vum Code de procédure pénale eng Prozedur virgesinn, déi de franséischen Artikel 706-145 Alinea 2 vum hirem Code de procédure pénale iwwerhëlt.

Dëse gesäit vir, datt vun der Saisie pénale un a bis d'Mainlevée oder d'Confiscatioun all zivill Exekutiounsprozedur op dem Objet vun der Saisie pénale suspendéiert oder verbueden ass. De Creancier, deen eng zivill Saisie virun der strofrectlecher Saisie an d'Weeër geleet huet, huet eng Sûretéit op dee Bien mat Datum zu deem Dag, wou d'Saisie opposabel erkläert gouf. Dowéinst gouf och am Code de procédure civile den Artikel 689 ugepasst.

Da gëtt duerch en neie Paragraf 7bis d'Méiglechkeet agefouert, datt beträffe Leit kënne vun all de Garantien an de Paragrafen 2 bis 6, déi vun deem Artikel virgesi sinn, profitéieren. Heimat gëtt engem Uerteel vum 3. November 2017 vum Tribunal d'arrondissement Rechnung gedroen, wou eng Expertise, déi vum Untersuchungsrichter ugeuerdent gouf, annulléiert gouf, well eng Persoun opgrond vun deem Rapport inculpéiert gouf, awer keng Rechter am Kader vun der Expertise hat. Duerch dës nei Dispositioun kann dann e betreffenen Drëtten och zum Beispill d'Annulatioun vun esou enger Expertise froen, genee wéi en Inculpéierten, fir all seng Rechter och schonn zu deem Moment vun der Prozedur ze garantéieren.

An dann nach e leschte Punkt, et gëtt nach eng Adaptatioun vum Affekotegesetz virgeholl. Den aktuellen Alinea 2 vum Artikel 30. (1) vum Gesetz gesäit vir, datt d'Prozeduren iwwert d'Kontrollen an den Etüden iwwert d'Konformitéit zum d'Antiblanchimentsgesetz vun der Assemblée générale festgehale ginn, op Propos vum Conseil de l'ordre. Dës Dispositioun widderpricht awer dem Artikel 19 vum selwechte Gesetz, dee virgesäit, datt de Conseil de l'ordre heizou Reglementer hëlt. Dowéinst gëtt dësen da gestrach. Voilà.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Madamm Rapportrice. An dann huet den Här Gilles Roth d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dësen Text ass eigentlech e Beispill, wéi dach de legislative